



- à effectuer un audit externe afin d'analyser l'application du cadre légal et réglementaire, des mesures sanitaires, des recommandations et des procédures indiquées ;

- à mettre en place un comité de pilotage sous la présidence d'une personne indépendante et incluant la Chambre des Députés ;

- à informer régulièrement la Chambre des Députés du suivi de l'étude et de l'audit et à les soumettre avec leurs conclusions respectives à la Chambre des Députés dès leur finalisation.

(s.) Michel Wolter, Sven Clement, Martine Hansen, Fernand Kartheiser, David Wagner.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wolter.

9. 7795 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Mir kënnen dann elo ufänke mat der Sitzung vun haut de Mëtten, mam Projet de loi 7795, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Afféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, den Här Georges Engel, d'Madamm Josée Lorsché, den Här David Wagner, den Här Jeff Engelen an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, leider, leider ass dee Virus, deen eis säit engem Joer krank mécht, Honnerte vu Leit fréizäitig aus dem Liewe rappt an eis eng Rei vun eise Fräiheeten ewechgeholl huet, keen Abrëlls-geck, mee traureg Realitéit. An e schléit nach wie vor erbaarmungslos zou.

D'Pandemie ass weiderhin omnipresent. Dofir muss ech am Numm vun der Gesondheetskommissioun e weidert Gesetz presentéieren, dat virun allem déi bestoend Anticovidgesetzter verlängert, mee doniewent eng zaghaft Ouverture wot, e bësse méi e soziaalt Liewen erméiglecht. A wann ech soen, datt mer hei eppes woen a Richtung vun e bësse méi Normalitéit, da mengen ech dat mat deem „woen“ och esou, wéi ech dat soen, besonnesch mat engem Bléck op dat, wat ronderëm eis geschitt. An dat ass just de Contraire; wann ee vum Saarland ofgesäit.

Nach sinn ech der Meenung, mat ganz ville Kolleegen hei am Haus, dass d'Zäit komm ass an dass mer an deene leschte Méint esou zesummegehalen hunn, dass e Gest, e klenge Schratt, eng kleng Perspektiv wichtig ass, fir dass mer mat engem neien Elan weidermaachen am Kampf géint dee Virus - an der Hoffnung, dass, wa mer e bësse méi Ermüdungserscheinunge kréien an deem laange Marathon, dass dann de Vaccin, deen ëmmer méi schnell kënt, de Relais fir eis iwwerhëlt a mer zesummen a Richtung Zil kënnen goen. An d'Zil ass déi Normalitéit, déi eis alleguer esou um Härzer läit.

Här President, d'Situatioun um Terrain presentéiert sech a Grotéin. Bei den Neinfektiounen hu mer eng liicht Hausse. Allerdéngs gëtt et bei den Tester op Ordonnance just eng ganz liicht Hausse. Déi stäerksten Hausse gëtt et am Kader vum Contacttracing. Dat heescht, dass déi Leit schonn a Quarantän waren a kee méi konnten ustiechen. An dat ass eppes, wat jo hei zu Lëtzebuerg, aneschtens wéi op anere Plazen, systematesch fonctionéiert: Mir testen net nëmmen, mee mir ginn op d'Sich no dem Virus. A wa mer dat systematesch maachen, ass et och normal, dass mer méi Infektiounen fanne wéi déi, déi just reagéieren, wann d'Symptomer optauchen.

D'Zuel vun den Tester bleift weider ganz héich, souguer e bësse méi héich wéi virdrun. Den Taux de positivité - bei allen Tester zesummen, beim Large-Scale-Testing, also bei deene breet ugeluechten Tester - ass méi oder weëneger stabil: ëm 2,5 %; 0,35 % bei deenen Tester op Ordonnance. A beim Contacttracing ass e liichte Réckgang.

Den R-Wäert, also déi Zuel, wéi vill ee Positiven ustécht - dat heescht, wann ech positiv sinn, wéi vill Leit dass ech kann ustiechen -, geet liicht erof.

D'Zuel vun de Persounen an de Spideeler schwankt, awer op engem Niveau, deen am Moment ouni Weideres ze meescheren ass. Och wann ee muss drop hiweisen, dass iwwert dat Joer déi Leit, déi an de Spideeler schaffen, extreem - extreem! - belaascht waren an dass, och wa mer hei relativ niddreg sinn, datt ëmmer nach eng zousätzlech Belaaschtung ass. Dat däerfe mer net aus den Ae verléieren!

An den Intensivstationen schwanne mer ëm déi 20. An d'Stierffäll - déi zwar zrëckgaange sinn, mee ëmmer nach do sinn - leien an der Zwëschenzäit an enger Woch bei 20. Si louche virdru bei 28. Dat

si perséinlech Dramen. An déi interpelléieren eis ganz staark.

Wat déi Coronastep-Etüd ugeet, do weist sech eng relativ grouss Stabilitéit, mat enger ganz liichter Hausse no uewen. A bei deene verschiddene Varianten ass déi brittesch Variant largement majoritär. D'Zuel vun de geimpfte Persounen geet steeteg an d'Luucht. Mir leien elo ëm déi 100.000, wou e gudden Deel schonn déi zweet Impfung huet. An déi nächst Phase kommen elo relativ séier. An et kënneg sech nei Impfstoffer un, wou och nëmmen eng Dosis gebraucht gëtt.

Also eng relativ Stabilitéit op awer engem - a mir sollen eis net an d'eegen Täsch léien! -, op awer nach engem héijen Niveau. Dofir, an ech kéint et net besser soen, wéi de Gilles Baum datt ëmmer gesot huet: Déi elementar Schutzregelen, déi kengem ze vill ofverlaangen, wéi Mask, Ofstand halen, Hänn wäschen, fir nëmmen déi ze nennen, dat ass mat dat Effikasst, wat et gëtt.

Also, am Kontext vun enger stabiller, mee nach fragiller Situatioun, virum Hannergrond vun Impfstoffer, déi awer, och wa se méi schnell wäerte kommen, weiderhi rationéiert bleiwen, proposéiere mer lech mat deem Projet de loi en Equilibre tëschent der Verlängerung vun deene méi restriktive Moossnamen an enger klenger, zaghafter, virsiichteger Ouverture, fir eng kleng Perspektiv ze ginn a Richtung e bësse méi Normalitéit.

Déi strikt Konditiounen, an deene mer hei proposéieren, dem Horeca-Secteur d'Méiglechkeet ze ginn, d'Terrassen opzemaachen, déi huele mer, déi Decisioun, fir d'Terrassen ab dem 7. opzemaachen, well den Ustiechungsrisiko dobaussen an der fräier Loft, wou d'Loft zirkuléiert, ganz geréng ass an d'Ouverture ganz staark cadréiert ass.

D'Zuel vun de Clienten ass op zwee pro Dësch limitéiert. Do allerdéngs, wann zwee Leit sech begéien, ass et onofhängeg dovun, ob een zu zwee aus deem selwechten Haushalt oder aus verschiddenen Haushalter kënt. Wann een aus engem Haushalt kënt oder ënner engem Daach wunnt, also an enger Wunneng wunnt, da gëllt dës Limitt vun zwee net. Tëscht den Dëscher muss och eng minimal Distanz vun annerhallwem Meter agehale ginn oder awer si musse physesch vuneneen ofgetrennt sinn.

D'Personal am Kontakt mat de Clientë grad ewéi d'Clienten, wa se net um Dësch sëtzen, mussen eng Mask unhunn. D'Consommation vun lessen oder Gedränk ass just am Sëtzen um Dësch erlaabt.

Den urspréngleche Projet de loi huet derniewent d'Obligation fir d'Etablissementer virgesinn, e Regëster iwwert d'Clientë mat hire Kontaktinformatiounen ze féieren, dat fir de Fall, wou et zu Infektiounen géif kommen, fir do d'Reckverfolgung vun de Kontakter ze vereinfachen. An deem Fall wäeren d'Donnéeën un d'Santé virugereecht ginn. Déi Informatiounen wäeren no dräi Woche maximal zerstéiert ginn.

No den Diskussiounen an der Kommissioun an enger ganzer Partie vu Froen, déi opgeworf goufen, ouni awer de Prinzip vun esou engem Regëster a Fro ze stellen, huet d'Regierung proposéiert, d'Bestëmmungen iwwert dës Regëster zu deem Zäitpunkt per Amendement ze sträichen. Effektiv ass et jo esou, dass duerch déi restriktiv Moossnamen eng ganz Rei vu Virsiichtmoossname gëllen. Dee Regëster, dee kann erëm an d'Spill kommen, wa mer vläicht muer, wa mer eis vill Méi ginn, zu weidere Schrëtt a Richtung Horeca géife goen. Wa mer zum Beispill an dee méi zouene Raum géife goen, dann, mengen ech, ass et gutt, wa mer dat net einfach ewechgeheien, mee et ausdäitschen, fir dann all déi Froen, déi opgeworf gi sinn, kënnen ze beäntwerten.

Ech hu virdru gesot, d'Ouverture vun den Terrassen trëtt de 7. Abrëll a Kraaft. Do dernieft ginn déi aner Restriktiounen verlängert, an dat ab dem Dag no der Publikation am Mémorial, also ab der éischter Stonn vum 3. Abrëll.

An der Kommissioun ass et och Diskussiounen ginn iwwer Strofbestëmmunge bei den Terrassen. Déi Erklärungen, déi mer kritt hunn aus dem Ministère vun der Santé, liichten an. Selbstverständlech ass de Patron vun engem Etablissement gehalen, fir drop opzepassen, dass op engem Dësch net méi wéi zwou Persounen sëtzen, déi net aus deem selwechten Haushalt kommen. Wann et sech ëm eng Famill handelt, kann de Patron net am Detail kontrolléieren, ob dat richtig ass. E freet dat selbstverständlich no, mee e kann awer dofir net gestrooft ginn, wann e falsch Angabe kritt. Et ass esou, wéi eis dat erkläert ginn ass, a mir ginn och dovun aus, dass dat esou ugewannt gëtt.

Wann do zousätzlech - zousätzlech - Prezisiounen noutwendeg wäeren, insistéiert d'Gesondheetskommissioun, fir dat da bei där nächster Geleeënheet ze maachen. An dat wäert jo net allze laang daueren.

Ech hu virdru gesot, dass déi bestoend Restriktiounen a Kraaft bleiwe bis de 25. Abrëll. Ech verzichten hei drop, fir se nach eng kéier an Erënnen

rung ze ruffen, well mir kenne se alleguer, mir liewen elo zënter laanger Zäit domat an da brauch een net ëmmer dat selwecht erëm ze soen.

Just zur Prozedur nach e puer Wuert: De Projet de loi ass de 25. Mäerz, also virun enger Woch, depouéiert ginn. Déi éischt Reunioun war de 26. Mäerz. Den Avis vum Conseil d'État koum och de 26. Den Amendement vun der Regierung iwwert de Regëster koum den 29. an den Avis complémentaire vum Conseil d'État den 30. Mäerz.

Haut de Moien hu mer de Rapport ugeholl. Mir hunn eis och ausenanergesat mat engem Amendement, dee vun de Kolleegen vun der ADR abruecht ginn ass an deen d'Auerzäit, bis wann d'Terrasse kënnen opbleiwen, wollt bis op 21.00 Auer ausdeenen. Deen Amendement huet keng Majoritéit fonnt. De Rapport ass mat der Ënnerstëtzung vun der Majoritéit an der Kommissioun guttgeheescht ginn.

A mir bleift nëmmen nach, de Kolleegen alleguer Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun. Dat ass an deene schweieren Zäiten e Liichtbléck, wéi ganz oft hei d'Grenzen tëschent Majoritéit an Opposition verwëscht ginn, och wann dat an deem prestigieise Sall heiansdo net esou kléngt. An do wäerte mer herno dat dann nach kënnen illustréieren.

Ech wollt och all deene Leit vun der Administration vun der Chamber, aus de Fraktiounen, aus dem Gesondheetsministère mäi Respekt ausdrécken, déi zënter elo engem Joer eng formidabel Aarbecht geleescht, sans faute duergeluecht hunn, innerhalb vun deene Fristen, déi eis operluecht sinn, geliiwert hunn, keng feelerhaft Texter produzéiert hunn, och wann emol heiansdo huet misse bei där nächster Fournée nogebessert ginn. Awer näischt Dramatesches.

Hei huet d'Chamber bewisen - Här President, Dir kënt och ganz houfreg dorop sinn -, dass mer jidderzäit dat fäerdegbruecht hunn, wat mer eis zum Zil gesat hunn a wat mer der Regierung versprach hunn, wéi mer der Regierung Spillraum ewechgeholl hunn. Mee - mee! -, an dat gesi mer, wa mer iwwert d'belsch Grenz kucken, déi Approche, déi mir hei geholl hunn, ass déi besser, well wann een iwwer en anere Wee fiert wéi iwwert dee gesetzlechen, da riskéiert een ëmmer, dat gekippt ze kréien. Mir hunn dee richtege Wee gewielt. An dofir merci lech alleguer. A mir stinn nach ëmmer! Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Claude Wiseler.

Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech och dem Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, Merci soen. An eng Remark iwwer seng Remark, dat produktiv an der Chamberskommissioun matgeschafft gëtt, och wann eis Meenungen different sinn an och wann d'Téin vläicht hei anerer sinn: Wësst Der, dat huet e Grond! De Grond ass deen, datt mer iwwerzeegt sinn, datt de parlamentaresche Wee dee richtege ass, an och, wa mer mam Inhalt net d'accord sinn, datt mer och als Opposition all Interêt hunn, datt d'Parlament seng Roll hei ka spillen, an datt mer och dem Parlament all Méiglechkeete wëlle ginn an deem Kader, deen et huet, an där Zuel, déi et huet, dee wichtige Rôle ze spillen, dee säin ass. Dofir schaffe mer an deene Kommissiounen produktiv mat, aus institutionelle Grënn, och wa mer um Inhalt heiansdo awer wierklech Differenzen hunn. Dat wollt ech kloer als Explikation ginn.

Wann ech den Exposé des motifs vun deem Text hei liesen, da seet deen Exposé des motifs relativ kloer d'Situationsbeschreibung. E beschreift den Taux d'incidence mat 251 Fäll op 100.000 Awunner, en Taux de positivité vu 5,66, en Taux de reproduction vun 1,13 d'Fäll, d'Decèsen, déi an netter Croissance sinn, en Taux d'occupation vun de Spideeler, deen ënner Kontroll ass, mee Variante beim Virus bei 86 %, an an de Stations d'épuration eng Situation en hausse.

Da mengt een, wann een dat liest, wann een déi Beschreibung beim Exposé des motifs do liest, datt elo nei, méi streng Moossname géife kommen, well den Exposé des motifs ass effektiv esou opgebaut fir ze warnen, datt d'Situatioun problematesch ass an datt se am Fong an deene leschte Wochen - dat soen net ech, dat seet den Exposé des motifs - sech weesentlech verschlechtert huet. An da kënt als Konklusioun hannedrun, datt et also elo just drëm geet, den Equilibre zwëscht dem Maintien des mesures en place an dem Assouplissement ze fannen, datt een elo als Konklusioun doraus zitt, datt een nei Moossnamen am Secteur Horeca sollt huelen.

An ech muss soen, wann ech de Gesetzestext liesen an ech liesen den Exposé des motifs mat allen Explikationen, dann hunn ech heiansdo d'Impressioun, datt den Exposé des motifs geschriwwe

gi wär vun der Wëssenschaft, wou nun einfach eng Rei kloer Fakten duergeluecht ginn op där enger Säit, an datt op där anerer Säit d'Politik Konklusiounen zitt, déi dann net ëmmer och där Situationsbeschreibung vun deem selwechten Text entsprechen.

An haut, eng Woch méi spéit no dem Depot vun deem Text, gesäit een, datt d'Zuelen nach méi problematesch sinn. Mir hunn haut confirméiert Fäll den Dag: 363, op eng Millioun héichgerechent. Dat sinn der e gutt Stéck méi wéi an Däitschland, dat sinn der zwar manner wéi an der Belsch an a Frankräich, mee et ass awer extreem héich, och komparativ.

Mir hunn Zuele vun Decèsen, déi vill méi héich si wéi déi vun eisen Nopeschlänner, souwuel Frankräich, Däitschland an och d'Belsch. Mir hunn do weesentlech méi héich Zuelen. Si sinn och gestigen an deene leschten zwou, dräi Wochen.

Am Ausland hu se also ongeféier déi selwecht Phenomeener, wéi mir se kannt hunn, just datt d'Reaktiounen vun deem, wat am Ausland geschitt, total anerer sinn. Am Ausland gëtt elo méi zougemaach. Dir hutt gesinn, wat gëschter a Frankräich un Decisiounen ustoung.

An da soen ech hannedrun: Eng Erfollegsschicht sinn déi Moossnamen, déi mer virun dräi Méint, am Januar, en place gesat hunn, u sech net! Si ginn zwar ëmmer weidergeféiert mat der Ausso, datt se soi-disant „stabiliséieren“, datt soi-disant „eis Zuelen net exponentiell an d'Luucht ginn“. Dat mag richtege sinn, dat mam Exponentiellen, mee trotzdeem, wann ech d'Zuele kucke vu Januar un, da stellen ech fest, datt eis deeglech Infektiounszuelen den 28. Januar - do hu mer deen Text hei fir d'éischt gestëmmt an där Versioun -, datt déi do op 207 Fäll den Dag waren an enger Moyenne vu siwen Deeg an op eng Millioun héichgerechent, fir se ze vergläichen. Also op 207 Schluss Januar, Mëtt Februar op 246, Mëtt Mäerz op 276 an haut, den 30., d'Zuele vum 30. Mäerz, op 363. Dat heescht, säit mer déi Moossnamen do en place hunn, gi mer vun 207 op 363 erop! Or sinn déi Moossnamen awer, no Ausso vun der Regierung, en place gesat ginn, fir d'Zuelen erofzekeréien. D'Realitéit ass awer eng aner.

An de Leit gëtt gesot mat Durchhalteparolen: „Mir sinn op der leschter Ligne droite.“- „Mir hunn dat alles stabiliséiert op engem héijen Niveau.“- „Zesumme packe mer dat!“ An ëmmer déi Zuel, déi da just an deem Moment positiv ass, déi gëtt ervirgezunn, fir déi Politik hei ze justifiéieren, an dat ass net ganz onproblematesch. Zumindest ass et net onproblematesch an der Kommunikatioun.

Mir hu säit Méint bei all Gesetz gefrot, datt d'Regierung eis sollt d'Zilsetzunge ginn: Wat wëlle mer mat deene Moossnamen, déi mer elo just maachen, schlussendlech erreechen? Mir haten ee Moment eng Diskussioun hei. Mir hunn als Opposition probéiert, eng Rei Zilsetzungen dohinnerzesetzen, déi eis logesch geschéngt hunn, déi mer och aus den Zuele vun der Santé erausgelies hunn. Zilsetzunge wéi: „Mir wëllen net iwwer 150 oder maximal 200 Infektiounen den Dag kommen“, well dat ass dat, wat mer am Tracing kënnen packen. „Mir wëllen, datt den Taux de reproduction ënner 0,7 % läit.“ Dee läit awer haut bei 1,14 %. „Mir wëllen, datt den Taux de positivité vun den Tester, notamment déi, déi iwwert d'Ordonnancë gemaach ginn, ënner 3 % läit.“ Dee läit awer haut bei 5,89 %.

D'Regierung wollt am Fong sech ni op Zilsetzunge festleeën. An de Premier, deen huet sech warscheinlech haut och nach, zumindest d'leschte kéier an der Kommissioun, virulent géint déi Zilsetzungen do gewiert. An ech soen lech: Wann Der lech natierlech keng Zilsetzunge gitt, wou Der wëllt mat Mesuren hikommen, dann ass et och ganz kloer, dat vereinfacht lech d'ganz Zuelen, well da braucht Der och duerno net ze erklären, firwat Der net dohinnerkomm sidd, an Dir braucht am Fong Är Strategie an Är Politik net ze änneren.

Mir hunn dofir säit Méint e Stufeplang gefrot - oder Dir nennt et e Stufeplang, Dir nennt et eng Strategie. D'Madamm Lorsché huet dat och an der leschter Kommissioun gefrot. An den Här Staatsminister huet se richtege verbotzt gehat, andeem e gesot huet, elo géif et him u sech duergoen, e kéint dat net méi héieren, dat géif näischt bréngen, esou e Stufeplang. An all déi Länner, déi een hätten, déi wären derniewent. An Dir hutt eis als Beispill ginn Irland, déi ee Stufeplang hätten. Dat wär total derniewent. En huet gesot, dat wär „Bullshit“, wat déi gemaach hunn. Net mäin Term, Ären Term! Dir kënt et nolauschteren, Dir hutt e gesot!

An ech wëll lech just soen: Wann ech dat Beispill Irland huelen an ech kucken do d'Zuele vun Irland, da soen ech: Mir hunn 363 Neinfektiounen, Irland huet der 114. Mir hunn zu Lëtzebuerg bei den Zuele vun den Doudegen an der Moyenne 5, Irland ass op 2,29. Alles op eng Millioun héichgerechent, fir et ze vergläichen. An och déi kumulativ Zuele vun de Stierffäll, déi sinn an Irland proportional e gutt Stéck méi déif, wéi dat zu Lëtzebuerg ass. Dofir, deen Term, deen Der virdru gebraucht hutt fir



d'iresch Politik, wann dat esou ass, da musst Der mer natierlech soen, wéi Der déi Lëtzebuergesch Politik bezeechent, wann Der deem aneren Term fir déi iresch Politik huet!

Ech fannen, datt dee Stufepiang, deem do gemaach gëtt, sécherlech seng Effikassitéit hat. D'Iren, grad-esou wéi d'Portugisen, hunn an deem ganze Kontext eng Rei Feeler gemaach, notament de Feeler, fir Chrëschttag opzemaachen. Dee Feeler hu se ganz deier bezuelt. Dee Feeler hu se ganz deier bezuelt! Just, datt se de Feeler och zouginn hunn an datt se gesot hunn: „Do hu mer eppes gemaach, wat e Problem war. An dofir mussen mer elo eis Politik änneren.“ Si hunn d'Konsequenzen aus hire Feeler gezunn. An ech fannen, dat gehéiert och zu enger couragéierter Politik dozou.

(Interruption)

Hei seet d'Regierung déi ganzen Zäit a konstant: „Mir hunn alles richtig gemaach!“ Ech soen, dauernd déi Behauptung: „Mir hunn alles richtig gemaach!“, dat ass awer längst e Problem, well d'Leit gesi jo dobaussen, wat lass ass! D'Leit wëssen, wat lass ass! D'Leit kucken och am Ausland, wat do lass ass. D'Leit wëssen, datt déi zweet Well, déi mer hei zu Lëtzebuerg haten, notament zwëschent September an Dezember, datt dat eng Katastroph war an den Zuelen! Mir ware laang mat déi Schlechtst an Europa. Mir hunn ze spéit, net schnell genuch, net genuch gemaach a mir hunn et och nach technesch schlecht gemaach.

D'Leit wëssen och, datt dat, wou mer elo dru sinn, net richtig ass, wa mer comparéiere mat den Zuelen, wéi mer se am Ausland hunn, datt mer elo och nach net gutt dostinn. D'Leit wëssen, datt déi Politik, déi an der Éducation nationale méintlaang gemaach gouf, u sech derniewent war, well den Här Meisch keng Moossname wollt an der Éducation nationale huelen, well en dauernd behaupt huet, an der Schoul, do géif näischt geschéien, d'Schoul wär keen Dreiwër, an duerno sech natierlech de Contraire erausgestallt huet an déi Politik vill ze vill spéit huet missen ëmgedrëit ginn.

D'Leit wëssen och, datt mer an den Altersheimer eng Rei Problemer haten. An do wäerte mer nach duerno eng Kéier am Detail driwwer schwätzen. Mee d'Leit wëssen dat, d'Leit gesinn dat. An eng Regierung, déi konstant behaupt, si hätt alles richtig gemaach, et wär ni e Problem iwwert dat Joer do gewiescht, déi erlieft natierlech de Problem, datt schlussendlech, wa se dat dauernd behaupt an d'Leit dauernd de Contraire gesinn, d'Leit hir net méi gleewen, datt se hir Kredibilitéit abéisst, datt de Seriö do ewechfält. An ech mengen, datt et weesentlech ass, datt een a Situatiounen wéi där heiter Kredibilitéit bei de Leit huet an datt d'Leit engem dat gleewen, wat ee seet.

Elo si mer an enger Situatioun, mat Zuelen, déi mer kennen, wou et an eisen Aen absolutt evident ass, datt mer net kënnen oplockeren, datt déi Moossnamen, déi geholl gi sinn, sécherlech net kënnen verwässert ginn. An dat ass och okay fir eis. D'Zuele loosse et net zou.

Op där anerer Säit proposéiert d'Regierung eng limitéiert Terrassenouverture. Mir hunn déi Etüden, déi mer vum Ministère de la Santé kruten, och gekuckt. Dat kann een och sanitär verrieden, et ze maachen, notament mat deene Sécherheetsmoossnamen, déi elo kommen, an notament op déi limitéiert Aart a Weis, wéi et elo geschitt. Mee et sinn awer trotzdeem eng Rei Remarken, déi ech gär géif hannendrumaachen, fir eng gewësse Skepsis auszedrécken, obwuel mer eis net dergéint opposéieren.

Skepsis, well ech mech froen a mir eis froen, ob et wierklech eng Hëllef fir den Horeca-Secteur ass, esou wéi et elo proposéiert ass. An ech wëll dobäi kloer d'Fro un d'Regierung stellen, oder ech hätt gär vun der Regierung eng däitlech Ausso, datt u sech déi Ouverture vun den Terrassen net negativ ugerechent gëtt op déi Aiden, déi se kënnen kréien. D'Gesetz vun den Aidë géif dat anscheinend kënnen zouloossen. Mee domat muss dann d'Gesetz och esou interpretéiert ginn, datt et kann zougelooss ginn. Wat ech also gär hätt hei vun der Regierung, dat ass eng absolutt kloer Confirmation, datt dat keng negativ Urechnung op déi Aidë ka mat sech bréngen.

Deen zweete Punkt, dat ass och eng Fro un d'Regierung: Ass eis Positioun respektiv sinn eis Moossnamen, déi mer elo huelen, och am Ausland explizéiert ginn? Well mir gesinn, datt déi Länner ronderëm eis méi zoumaachen. Mir maachen dat net, mir huelen e kleng Schrëtt an eng kleng a liicht Ouverture méi. Mee ech hoffen, datt och an de Länner ronderëm déi Explikatiounen weidergi ginn, well et kann net sinn, datt déi Richtung, déi elo ageschloe gëtt, hei zu Falschinterpretatiounen an de Länner ronderëm féiert an eis da Schwieregkeeten op de Grenze mécht. Och do wär ech frou, wann de Premier eis géif erzielen, ob en dee Kontakt mat den auslännesche Regierungen geholl huet fir ze explizéieren, wat eis Politik ass.

Deen zweete Punkt an deem dote Kader, dat ass, datt een awer ganz gutt oppasse muss an der Kom-

munikatioun, well wa mer elo eng Kommunikatioun maachen, déi do heescht: „D'Terrasse ginn op“, an dat am Fong d'Kommunikatioun ass, datt mer elo um Wee vun der Ouverture sinn, dann, mengen ech, wär dat déi total falsch Kommunikatioun. Ech kann aus sanitäre Grënn dat novollzéien, mee et muss awer gradesou kloer sinn, datt d'Kommunikatioun vun der Regierung genau de Contraire seet: datt d'Kommunikatioun vun der Regierung u sech seet, datt et nach net d'Zäit ass fir opzemaachen, datt et d'Zäit ass, an nach ëmmer, fir eng ganz Rei Restriktionen am Land ze hunn, well de Virus nach ëmmer amgang ass, extreem schnell ze zirkuléieren.

A mäin drëtte Punkt, dat ass an deem Kontext, datt een nach méi wéi jee haut, mengen ech, muss oppassen, datt déi Moossnamen, déi en place sinn, och respektéiert ginn. Ech hunn haut d'Impressioun, datt awer e gewëssene Relâchement an dem Traitement, dem dagdeeglechen Traitement vun deene Restriktionen do ass. An dat ass och kee Reproche u keen. Ech kann et souguer extreem gutt verstoen, well mer alleguer am Fong där Situatioun extreem midd sinn a well mer d'Flemm hunn. An et kënnt gutt Wieder, an da léisst d'Attentioun no.

Dat ass awer an där Situatioun, an där mer sinn, e richtige Problem. An dofir ass et an eisen Aen extreem wichteg, datt d'Regierung higeet an nach eng Kéier déi Moossnamen, déi en vigueur sinn, an hirer Kommunikatioun esou kloermécht an och dobausse kloermécht, datt se d'Leit wierklech biet, se anzehalen! Well et ass just esou, wéi se effikass kënnen gemaach ginn, ob dat de Port du masque ass, ob dat d'Rassemblement sinn, ob dat déi privat Restriktionen bei de Leit doheem sinn. Et ass also weesentlech, datt eng urgent Kommunikatioun zum Respekt vun deene Moossname geholl gëtt an datt och de Contrôle an d'Applikatioun vun den Amenden do, wou et noutwendeg ass, da gemaach ginn.

Mee d'Leit mussen och déi Moossname verstoen, déi geholl ginn! Wësst Der, mir haten deen éischten Text - de Rapporteur huet am Fong net vill driwwer geschwat, mee et ass awer trotzdeem eng Mentoun wäert -, deen éischten Text, dee mer erakritt hunn iwwert déi Terrassenëffnung, do stoung d'Obligatioun vun engem Register dran. An esou, wéi dee Register drastoung, huet e kee Sënn gemaach. Dir hat et gesot, mee awer just en passant, ech wëll eng Kéier kuerz méi drop zrëckkommen. Deen huet wierklech, wierklech kee Sënn gemaach, esou wéi en drastoung, well et war just eng Inscriptioun vun engem Numm an enger Adress. An duerno hätt de Patron vun der Terrass 200 Fichë gehat, wou am Kader vun enger Traçabilitéit strictement näischt am Ministère de la Santé domadder unzefänke gewiescht wär.

An et ass just, well d'Santéskommissioun mat deene Remarque kouw, datt dann d'Regierung deen Text erausgestrach huet an datt mer elo en Text hunn, deen applikabel ass. Et ass net, datt mir géint e Register sinn, mee ech soen awer kloer an däitlech, wéi bei all Moossnam: Wann een eng Moossnam hëlt a wann een déi Registermoossnam hei hëlt, da muss se awer och Sënn maachen, sanitäre Sënn maachen! Da muss se effikass sinn. A wann e Register wëllt effikass sinn, ben, da muss och natierlech derbäistoen, wou déijéineg Persoun op wat fir engem Dësch souz, fir datt och deen Traçage duerno kann uerdentlech gemaach ginn. Dann huet en e sanitäre Sënn. Dat wat d'Regierung hei proposéiert hat, hat strictement kee sanitäre Sënn.

Da muss ech awer soen: Déi Explikatiounen, déi mer an enger éischer Etapp an der Santékommissioun kritt haten, datt net jiddweree sech misst aschreiwen, datt een, obwuel nëmmen zwou oder dräi Prezisiounen gesetzlech gefrot wären, jo och nach aner Prezisiounen kéint froen, wann dat dann noutwendeg wär, dat sinn awer Explikatiounen, déi ech einfach net kann novollzéien. Et ass fir mech kloer, datt, wann een esou e Register mécht an d'Leit freet, si sollen aschreiwen, op wat fir engem Dësch se um wivill Auer souzen, an dann och nach mat wem, well dat steet jo dann och am Register, datt dat schonn en Agrëff an d'Privatsphär, an en zolitten Agrëff an d'Privatsphär ass. A wann een da mengt, dat kéint ee maachen, ouni kloer an däitlech Prezisiounen an d'Gesetz anzeschreiwen, da fannen ech, dat ass fir eis en absolutten No-Go! Wann een esou eppes mécht, da muss et kloer a prezis a ganz am Text stoen!

Déi selwecht Remark iwwert d'Äntwert, déi mer kritt hunn, dat hei wär jo haaptsächlech eng Preparatioun fir wa mer d'Ouverture no bannen an de Caféen an an de Restaurante géife maachen, well dann e Register wierklech noutwendeg wär. Serieusement, dat war awer nun eng Äntwert, déi an der Santéskommissioun a mengen Aen total derniewent war! Et kann ee keng gesetzlech Moossnam esou aféieren, just fir ze probéieren, datt se dann, wann ee se duerno mécht, effikass ass. Hei ass eng Restriktion a wa se ageféiert gëtt, da muss se op deem Moment, wou se ageféiert gëtt, fir dat, woufir se ageféiert gëtt, och hire Sënn maachen. An dat war net de Fall an dofir ass deen Text gutt eraus.

Mee ech soen: An eisen Ae war dat awer amateurhaft vibereet. Ech hat d'Impressioun am Fong, et géif just drëm goen, datt mer e puer Moossnamen, Schutzmoossname géifen huelen, datt mer de Register am Ausland gesinn hunn, datt dat eng Schutzmoossnam ka sinn. Da soe mer: „Mir hunn och e Register. Mir wëllen och ee Register maachen.“ An da gesi mer awer, datt mer do mussen eng Rei Froe stellen, déi d'Leit vläicht net gär hunn, da loosse mer déi Froen emol op der Säit. An da schreiwe mer e Register hei an d'Gesetz, dee strictement kee Sënn mécht. Ech hunn dat als relativ amateurhaft empfonnt, wéi dat do viru sech gaangen ass.

Dat selwecht gëllt u sech fir d'Amenden, do huet den Här Di Bartolomeo driwwer geschwat, déi an dem Gesetzestext stinn. Hei stinn eng Rei Amenden dran, wou d'Formulatioun net kloer ass. Notamment kann de Commerçant, wa méi wéi zwee Leit um Dësch sëtzen, eng Strof vu bis zu 4.000 Euro kréien. Or, den Artikel, dat ass den Artikel 2 Paragraf (1) 2°, dee gesäit vir, datt och kënnen méi wéi zwee Leit um Dësch sëtzen, wa se da vun där selwechter Famill sinn, seet awer hannendrun, datt natierlech de Commerçant et net ka kontrolléieren. Theoreetesch, nom Gesetz, wann een d'strikt Applikatioun vum Gesetz mécht, a wann een et esou liest, wéi den Text et hiergëtt, kéint och de Commerçant da fir eppes bestrooft ginn, wat en net kontrolléieren däerf!

Duerno hu mer an der Kommissioun gesot kritt: „Ma da schreiwe mer dat an den Exposé des motifs, an de Commentaire des articles dran a mir ginn der Polizei kloer Instruktiounen.“ Ech soen lech: Wa mer Amenden hei draschreiwen, mee dann hätt ech gär, datt den Text kloer wär, datt en net schonn, éier e gestëmmt gëtt, muss explizéiert ginn, datt ee weess, wat et ass. Dat ass awer a mengen Aen nu wierklech keng uerdentlech legislativ Aarbecht.

Deen nächste Punkt, dat ass dee vun der Definition vun den Terrassen. Ech krut eng ganz Rei Froe gestallt an der Lescht: „Jo, wat ass dann eng Terrass? Wéi definéiere mer eng Terrass?“ Elo kann ee bei der Stad Lëtzebuerg déi Äntwerte warscheinlech ginn, well déi en Terrassereglement huet, wou d'Saache relativ kloer sinn. Mee aner Gemengen hunn dat awer net! Sinn dat elo just d'Terrassen op der Voie publique? Oder sinn et och déi, déi an der Propriété privée sinn? Sinn et déi mat lwwerdeckung? Wéi kann et iwwerdeckt ginn? Sinn et aner mobil Fermeturë bei Terrassen, déi erlaabt sinn? Net erlaabt sinn? Wéi geet dat? Wat geet? Wat geet net? Hei ass einfach d'Impressioun, datt e Wuert drageschriwwen ass: „Hei, d'Terrasse sinn op“, a pour le reste fir d'Gemengen a fir d'Leit: « Débrouillez-vous! », an da kucke mer, wat et gëtt. Och do hätte mer eis erwaart, datt méi eng prezis legislativ Aarbecht géif gemaach ginn.

Da kommen ech nach eng Kéier zrëck op dat, wat ech scho méi oft gesot hunn iwwert d'Ausgangsspär oder de „curfew“. D'Leit mussen déi Moossname verstoen an als sënnavoll empfangen. Nach wie vor kann de Curfew eng sënnavoll Moossnam sinn, wann een e sënnavoll definéiert. Mee esou, wéi en elo hei definéiert ass, a mat all deene Moossnamen, déi d'Regierung nach parallel geholl huet - Horeca-Fermeturen, Restriktionen am Privatberäich, Verbuet vu Rassemblementen, Alkoholverbuet op der Strooss -, mécht dee Curfew an eisen Ae kee Sënn, ass eng extreem schwéier Aschränkung. A bis elo konnt nach keen eis soen, wat dann d'Resultat vun der Lëtzeburger Versioun vum Curfew wär.

Mir hate virun e puer Deeg op därer Plaz de Kommissär Reynders hei sëtzen, deen eis erzielt huet a gesot huet iwwert d'Necessitéit an d'Proportionalitéit vun de Moossnamen. Hei hunn ech d'Impressioun, datt et just eng Moossnam ass, fir eng Moossnam ze hunn, just Aktivismus, just potemkinesch Fassaden, wou hannendrun en fin de compte näischt Reelles ass.

Haut ass och déi Moossnam onverständlech, datt nëmmen zwee Leit aus enger Famill kënnen zesumme kommen. Déi war eis nach ëmmer onverständlech, mee an engem Kontext, wou elo en Deel vun de Leit geimpft ass, gëtt se fir mech nach méi problematesch. Zum Beispill mäi Schwéierpapp a meng Schwéiermamm, déi net zesumme wunnen, well deen een am Altersheim ass, déi allen zwee awer fir d'zweet geimpft sinn, kënnen net mat menger Mamm zesumme kommen, déi och geimpft ass. Déi Leit, ech huelen dat Beispill elo, mee déi Leit verstinn dat net richtig, firwat dat elo esou ass. An do, mengen ech, misst een dann, wann een Explikatiounen huet, se zumindest weiderginn.

Eng aner Saach, déi fir mech net verstëndlech ass, datt sinn déi Restriktionen, déi elo um Flughafen nach eng Kéier nei gemaach ginn, déi verlängert gi si bis zum 15. Mee. Net datt ech den Inhalt net verstinn, mat deem si mer absolutt d'accord, mee ech soen nach eng Kéier ganz kloer hei: Déi gëtt iwwer Ordonnance vun dem Direkter vun der Santé geholl. Or, d'Gesetz iwwert d'Direction de la Santé gesäit kloer an däitlech vir, datt d'Ordonnancë vum Directeur de la Santé u sech Mesure-d'urgencë sinn. Me-

sure-d'urgencen! Or, elo huele mer déi Mesure d'urgence fir d'drëtt! Elo kann awer kee mer méi erklären, datt dat nach ëmmer an der Urgence muss geholl ginn!

Mir hunn aner Saachen, notament de Formulaire de localisation an de Fligieren, wat vill manner aschränkend ass, dat schreiwe mer an d'Gesetz, an dat ass och richtig. An déi hei Aschränkung, déi heiansdo Leit kann empêcheieren, op Lëtzebuerg zrëckzekommen, déi huele mer iwwer d'Ordonnance vum Direkter vun der Santé. Ech soen lech: Wann een dat do eng Kéier usicht, da kéint d'Regierung emol richtig Problemer kréien! Mee et ass elo fir d'drëtt, wou ech lech et soen. An et ass och zimmlech egal, wéi oft een hei Saache seet, well ech hunn d'Impressioun heiansdo, iwwerhaupt net nogelasschert ze kréien.

Dann hu mer och eng Fro vun der Kredibilitéit vun der Ëmsetzung vun de Gesetzer. Wann Der den Avis vum Collège médical liest, dee schwätzt, mat Recht, iwwer en Depot vu Medikamenten an Alters- a Fleegeheimer, well deen hu mer elo net, an dat limitéiert d'Prise en charge op der Plaz vun de Médecin-traitanten.

(Interruption)

Den Artikel 13 (2) vun deem Gesetz, dat mer awer scho säit Méint gestëmmt hunn, gesäit d'Méiglechkeet vir, fir en Dépôt de médicaments an den Alters- a Fleegeheimer ze maachen. Deen ass awer méintelaang net geholl ginn ...

(Interruption)

... a limitéiert d'Asazkraaft vun der Medezinn an den Altersheimer. Ech verstinn net, firwat déi Moossnamen net geholl ginn!

Dat war elo zum Gesetzestext selwer. Da gëtt et awer och nach eng Rei Punkten, déi eis relativ problematesch erschéngen an déi näischt mam Gesetz ze dinn hunn, oder plutôt erschénge se eis problematesch, well se eeben net am Gesetz stinn an an eisen Aen onbedéngt missten drastoen. Dat sinn déi ganz Punkten iwwert d'Éducation nationale. Mir haten d'leschte Kéier eng riseg Diskussioun doriwwer.

De Minister hat probéiert, eng Base légale ze schafen, fir seng Politik iwwert d'Gesetz festzehalen. Dat ass awer kläglich derniewentgaangen. De Conseil d'État huet en ëmgedrëit, huet quasiment alles erausgehol. An déi Zäit ass gesot ginn, datt mer elo nach eng Kéier géife kucken, datt en am nächste Gesetz, wann et da méiglech wär, géif eppes noschéissen. An dësem Gesetz steet awer näischt! Et ass och net driwwer diskutéiert ginn. Et ass och net driwwer geschwat ginn. A mir sinn nach ëmmer am Kader vum Artikel 23 vun der Constitutioun: eng „matière réservée à la loi“.

Ech stelle fest, datt de Minister keng Base légale fir säi Plang huet, wann en en da wëlt ëmsetzen. E weess et kloer an däitlech an e mécht näischt. Ech huelen nach eng Kéier d'Beispill vun der Belsch: Wa Contestatiounen kommen, hunn ech d'Impressioun, datt dat selwecht wéi an der Belsch hei kéint geschéien, datt de Minister kann ëmgedrëit ginn. Hei gëtt de Kapp an de Sand gestach a gehofft, datt näischt geschitt.

A wann eppes geschitt, kann ech mer schonn d'Zeen an der Chamber hei ganz gutt virstellen. Da kënnt de Minister heihin, stellt sech virun eis a seet eis: „Ech hu vill Courage, well elo muss ech an Urgenz eppes maachen. Och wann et net am Gesetz virgesinn ass, ech maachen dat fir d'Gutt vu jiddwerengem!“ An da si mir gebieden, dat matzestëmme, well et an der Urgenz ass. Or, ech soen lech haut: Et ass keng Urgenz! De Minister weess elo, datt déi Saache kënnen kommen. An dat net elo virzubereede fir de Fall, wou et kënnt, ass fir mech en absolutte Mangel u Prevoyance, eng Prevoyance, déi e Minister awer muss hunn. Den Educationsminister hat zéng Méint Zäit, fir et net ze maachen. An ech verstinn och d'Majoritéitsdeputéierten net, datt se net méi hannendrun sinn, datt mer déi noutwendeg Base-légallen hei an der Chamber schafen!

Iwwert d'Impfung wëll ech soen, datt mer lues a lues elo opgeschloss hu mat der Belsch an Däitschland. Mir sinn zwar nach ëmmer lues. Déi aner Länner sinn och lues. Mee wat ech weéneig appreciéieren, dat wollt ech dem Staatsminister awer soen, dat sinn déi Interviews, déi e mécht, wou en da probéiert, gradesou wéi eng Rei vu senger Kolleegen, déi sämtlech Schold op Europa eriwuerzeschiben. Déi Saachen, déi aus dem Ausland kommen, déi enttäuschen lech meeschtens, hutt Der gesot. Bei eis klappt alles, mee an Europa ass et, wou et net geet.

Ech soen: Et mag net alles esou klappen an Europa, wéi mer et gär hätten. Mee ech soen awer och hannendrun: Ech fannen, datt Lëtzebuerg misst an deem Vokabulär, an där Aart a Weis fir ze schwätzen awer ganz gutt oppassen, wat mer soen. Wat wär Lëtzebuerg an dësem Kontext ouni Europa? Virun engem Joer, Här Bettel, hutt Der gesot, datt Dir lech total fir eng europäesch Léisung agesat hutt. An ech war do, mir waren do och total hannert



lech. An Dir hutt gesot, datt et absolutt wichteg wär, datt d’Kommissioun d’Koordinéierungsaarbecht géif maachen. A mir waren do och absolutt hannert lech.

Elo lafen d’Saachen net ëmmer genausou, wéi se lafe sollen, mee ech wëll awer hannendrusoen: Hätt d’Kommissioun déi Aarbecht net gemaach, da froen ech mech, wou mer zu Lëtzebuerg mat eisen Akeef dru wäeren a wéi d’Situatioun zu Lëtzebuerg wär. Dofir géif ech mengen, datt mer éischter d’Kommissioun sollen ënnerstëtzen. An aneren Dossieren, Här Staatsminister, maacht Der et jo och. Ech wär frou, wann Der et och géift an dësem weider sou maachen, obwuel dat net ëmmer evident ass - oder obwuel, wollt ech soen, et heiansdo méi einfach ass, et anescht ze maachen.

Dann, wat d’Impfungen ...

(Interruption par M. Xavier Bettel)

Jo, et ass méi einfach, et anescht ze maachen, well et gutt dobaussen ukënn!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d’État*. - E gudde Lapsus!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et war kee Lapsus, et war esou gemengt. Et ass einfach, et dobaussen ze maachen, well et einfach ukënn: D’Europäer sinn et a Schold, a mir maachen alles richteg. Esou ass awer d’Situatioun!

Zum Beispill hu mer schonn e puermol iwwer Sputnik hei geschwat. Dir hutt eis d’leschte Kéier erklärt, wann d’EMA respektiv wann och d’Medikamentenagenturen aus dem Ausland dat géifen accordéieren, wäert Dir och bereet, dat hei zu Lëtzebuerg en vente ..., net en vente, mee ze verprëtzen. Dat fannen ech richteg als Haltung. Mee ech soen lech awer och hannendrun: Ech géif se awer elo kafen, och wa se nach net accordéiert sinn, well dann hu mer se zumindest! A wann nämlech d’EMA oder wien och ëmmer en Accord drop gétt, datt se kënne benotzt ginn, jo, dann ass de Rush esou grouss, fir se ze kréien, datt mer warscheinlech Schwieregkeeten hunn, se zu engem uerdentlechen Zäitpunkt ze kréien. Kaaft se elo! An, dat ass e Risiko! Ech schätzen en als kleng an, mee ech schätzen et awer zumindest als derwäert an, en anzegoen. Wa mer se duerno net kënne gebrauchen, da kënne mer se eeben net gebrauchen, mee mir hu se awer, wa mer se brauchen. An dat ass fir mech dat Wichtegst.

D’ailleurs, just als Niewefro: Déi Lëtzebuerger Medikamentenagentur, déi mer elo géife brauchen, ass eng Iddi, déi säit 2013 do ass, déi nach net ëmgesat ginn ass, déi 2020 eréischt vun dëser Regierung als Projet erakomm ass, wou mer nach ëmmer momentan net weiderkomm sinn.

Dat selwecht géllt fir d’Organisatioun vun den Impfungen. Iwwert déi Kontakter mat den Hausdokteren a mat den Apdikten, mat den Entrepenen, mat de Kinéen héieren ech vill, datt do eng Rei Duerjereen ass. Dat Nächst, dat ass och d’Koordinatioun dovunner, datt, elo weess ech net, ob et d’PwC oder Arendt Business Advisory ass, mee iergendee Privaten dat elo mécht. Ech hu relativ wéineg Verständnis dëfir, datt d’total Organisatioun iwwer e privaten Aspekt elo gemaach gétt. Ech ka ganz gutt verstoen, datt ee sech Kräften derbäihëlt, mee nach ass dat do net ganz onproblematesch.

A schlussendlech misst d’Regierung och eng Kéier kloer Wierder schwätzen iwwert déi Impfstrategie, hannert där mer am Ufank stoungen, dat heescht d’Reiefolleg, wéi d’Leit geimpft ginn. Mee elo kommen ëmmer an ëmmer méi Diskussiounen der-tëschent, an do misst een och eng Kéier eng Kloerstellung hunn. Zum Beispill déi ganz Diskussioun, déi elo dertëschent kënn iwwert d’Impfung vun de Leit aus dem Prisong inklusiv d’Personal aus dem Prisong, d’Impfung vun de Polizisten an esou weider an esou virun, alles dat sinn Diskussiounen, do gétt et Argumenter, fir et esou oder fir et anescht ze maachen. Mee wat mir gären hätten, dat si kloer an däitlech Explikatiounen an dat ass, datt deen Impflang an totaler Transparenz duerchgeféiert gétt.

Mir hätten och gär, datt mer aner Iwwerleeungen iwwert d’Greencard maachen. Dir hutt hei, dat hutt Der selwer gesot, eng ganz attentistesche Positioun. Mir wäere frou, wann déi attentistesche Positioun kéint als dynamesch, aktiv Positioun ëmgesat ginn. Mir sinn och géint eng Zwouklassegesellschaft vun de Geimpften oder Netgeimpften, mee mir soen, datt awer, wann eng gréisser Impfquot do ass, et ganz schwiereg gétt, deene Leit ze soen, wa bis 30 %, 40 % oder 50 % vun de Leit geimpft sinn: „Dir däreft nach net an eng Ouverture eragoen, well mir musse bis zum Schluss waarden.“ Also muss do e System vun enger Greencard do sinn, deen awer net just soll op den Impfung berouen, mee op Leit, déi geimpft sinn, getest sinn oder Anticorpsen hunn a sech domat da kënne lues a lues an d’normaalt Liewen erabeweegen. Dat ass eppes, wat mer onbedéngt brauchen. An dofir bräichte mer e Konzept, wéi déi Ouverturë méiglech sinn am Commerce, Horeca, a Kultur, Sport, Altersheimer, Betriber, beim Schaffegoen an esou weider. An datt dat muss virbereet ginn, schéngt mer absolutt evident ze sinn!

An et gétt nach méi evident, wann ee kuckt, wat Der am Fong haut am Gesetz stoen hutt, wou Der déi Miniouverture vun den Terrasse maacht, déi awer an enger éischter Etapp administrativ esou sollt ëmgesat ginn, datt se am Fong guer näischt bruecht hätt, datt se net gaange wär mat deem Register. Dat ass jo dann an der Hetz erëm erausgeholl ginn. An dofir soen ech: Wann Der méi grouss Schrëtt wëllt goen, da bereet et wannechgelift elo vir, sot, wou mer higinn, fir datt mer zumindest uerdentlech Gesetzestexter kënne maachen, wou mer wëssen, wou mer higinn, déi d’Strooss halen an déi eis och erlaben, déi Aarbecht, déi mer musse maachen, uerdentlech ze maachen an net just erëm zum Schluss am Chaos! Dir hutt déi Experienz elo mat dem Terrasseregister gemaach. Si ass och schonn eng Kéier virdru gemaach gi mat dem Här Meisch sengem Aschreiw vum de legale Basissen an de Gesetzestext. Och dat ass derniewentgaangen, well et net uerdentlech virbereet gi war a well et och net uerdentlech exekutéiert ginn ass.

An da mäi leschte Punkt, dat ass den Asaz vun de Schnelltester. Ech verstinn net, firwat Der mat de Schnelltester esou lues maacht, en fin de compte. Dir kaaft der 1,5 Milliounen, ass eis d’leschte Kéier gesot ginn. An ech mengen, datt do e planifiéierten Asaz, deen iwwert dat, wat mer elo kennen, iwwert d’Altersheimer, Schoulen, Zréckkommen aus dem Ausland, bei Manifestatiounen, Kultur, Sport, misst rausgoen, erfuerdert wär. Deelweis gesäit een zu Tübingen aner Modeller: vu Staatsvisitten, wou se gebraucht ginn, an Akafszentren, wou se gebraucht ginn, a Geschäfte a Restauranten, wou se gebraucht ginn. Souguer bei Reduzéierung vun Infektiounen doheem wär et sënnvoll, Schnelltester kënnen ze gebrauchen.

Dofir soe mir kloer an däitlech, si solle systematesch agesat ginn, well se ginn en zousätzleche Schutz. An déi manner Sensitivitéit wéi bei de PCR-Tester gétt sécherlech, wann net ganz, dann deelweis ersat duerch déi héich Frequenz, mat där ee kann esou Tester maache loossen. Eng héich Testfrequenz, niddreg Käschten, schnell Decisiounszäiten, einfach Verfügarkeet, einfach Handhabung sinn an eisen Aen nei Chancen, déi méi Sécherheet ginn, mat deenen en einfache Retour zur Normalitéit sech besser ka gestalten loossen. Mee et muss virbereet ginn. Et muss ëmgesat ginn. An et muss esou virbereet ginn, datt een déi Etappe kloer kennt an datt een och d’Rumm dovunner kloer gesäit.

An ech weess, datt an der Majoritéit eng ganz Rei Leit d’accord mat mer sinn. Ech hu vun deene Gréngen en Artikel vun dem Här Hansen, der Madam Bernard an dem Här Šehović gelies, dee geheescht huet: „Impfen, Selbst- und Schnelltests: Öffnen mit Strategie“. Also ech wollt deene Grénge soen, dem Här Hansen, deen elo hei sëtzt: Wann Der esou en Artikel schreift an Dir hätt gär, datt ech e mat ënnerschreien, Dir braucht mer en nëmme ze schécken, ech ënnerschreien en direkt mat, well alles, wat Der gesot hutt iwwert d’Strategie vun de Schnelltester, domat sinn ech honnertprozenteg d’accord. Loosst mech e mat ënnerschreien, da si mer an der Oppositioun méi staark!

■ **M. Marc Hansen** (*déi gréng*).- Mir ginn och eleng eens. Merci.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir zesummen.

■ **Mme Octavie Modert** (CSV).- Dat géif een hei awer net mengen!

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass dann zum Här Benoy - dat hunn ech ganz flott fonnt -, den Här Benoy, deen an de Gemengerot geet vun der Stad Lëtzebuerg an deen dann am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg freet, d’Stad Lëtzebuerg soll dann elo eng Strategie vu Schnelltester maachen!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d’État*.- Ech krut d’leschte Kéier gesot, ech muss mech u meng Zäit halen; ass dat ...?

(Interruption par la présidence)

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech si fäerdeg! Loosst mech d’Konklusioun maachen, da kënn Der direkt Är Kommentaren dozou maachen!

Den Här Benoy, dee seet, d’Stad Lëtzebuerg soll eng Strategie fir Schnelltester maachen. Also ech muss éierlech soen: Ech hätt jo gär eng Strategie vu Schnelltester. Mee datt elo e Majoritéitsdeputéierten an eng Gemeng froe geet, si soll dat ëmsetzen, wat hie sech net traute, hei an der Majoritéit an der Regierung ze froen, dat fannen ech awer éierlech gesot lächerlech!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Total lächerlech! Ech si mam Inhalt d’accord, mee frot et op där Plaz, wou Der et kënn froen a wou Der et kënn kréien! Dat ass bei der Regierung alles, ...

(Interruption par la présidence)

... de Rescht ass jo just Hypokrisie!

D’Konklusioun: Mir sinn d’accord mat der Verlängerung vun de Moosnamen. Mir stëmmen deen Text

net mat, well de legale Kader net komplett ass, an haaptsächlech wéinst deem, wat net an dësem Text steet: eng schnell an effizient Impfstrategie, eng effikass Teststrategie an eng Exitstrategie, déi de Leit Perspektive gétt.

An dofir stëmme mer mat Nee zu dësem Text. Merci!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Här President, elo hunn ech, well den Här Bettel just an deem Moment, wou ech dat wollt maachen, mech ënnerbrach hat - an ech däreft deem ni nolauschten -, vergiess ze soen: Genau zu deem Punkt vun der Teststrategie a vun de Schnelltester hu mer eng Motioun gemaach, déi mer gär géifen hei abrénge.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la pandémie Covid-19 domine toujours notre vie quotidienne et que les douze derniers mois, avec les énormes restrictions sur nos libertés quotidiennes et notre vie sociale, ont eu et ont toujours un impact considérable sur différents secteurs économiques ainsi que sur le bien-être mental de notre population ;

- constatant que le nombre d’infections se trouve à un niveau très élevé depuis des semaines ;

- constatant que pour l’instant seulement environ 95.000 doses de vaccin ont été administrées ;

- constatant que les experts sont d’avis que pour l’instant le seul moyen qui permettrait d’envisager des assouplissements progressifs serait une stratégie combinant aussi bien les vaccinations, les tests (PCR, tests rapides et tests à faire soi-même) ainsi que l’observation des règles sanitaires ;

- considérant que les tests PCR sont fiables mais très chers et que l’on doit attendre plusieurs heures avant d’obtenir le résultat ;

- estimant que les tests rapides pourraient constituer un moyen utile et efficace afin de protéger les personnes avec lesquelles on est en contact et notamment les personnes âgées ou vulnérables ;

- constatant que des tests rapides sont d’ores et déjà utilisés dans le domaine du sport ainsi que pour la participation à des concerts à la Rockhal ;

- estimant qu’il est impératif de protéger au mieux les citoyens et les clients concernés au vu de l’ouverture annoncée des terrasses dans le secteur Horeca ;

- considérant que plusieurs pays européens, notamment nos voisins allemands, ont de véritables stratégies de tests rapides y inclus la mise à disposition gratuite de tels tests à la population ;

- constatant que la Commission européenne vient de présenter un projet pour un certificat européen pour voyager ;

- estimant qu’il est de manière générale essentiel de donner des perspectives tant aux acteurs économiques qu’aux personnes privées,

invite le Gouvernement

- à élaborer et à présenter de manière transparente dans les meilleurs délais une stratégie nationale et un concept de tests rapides pour la population qui incluent notamment

• l’achat d’un grand nombre de tests rapides certifiés ;

• la mise en place de la logistique nécessaire afin de réaliser ces tests ;

• la mise en œuvre d’un réseau national de tests rapides comprenant aussi bien des stations de tests que des équipes mobiles ;

• la formation du personnel pouvant réaliser ces tests ;

• la mise en place d’un système harmonisé de saisine, de collecte et d’archivage des résultats des tests, permettant d’émettre en cas de besoin un certificat officiel des résultats de test, tout en respectant la législation en matière de protection de données ;

- à instaurer immédiatement une procédure de deux tests rapides par semaine dans toutes les infrastructures scolaires et d’accueil (enfants et personnel d’éducation et d’accueil) sur le territoire du Grand-Duché afin de garantir la meilleure protection possible ;

- à mettre à disposition de chaque habitant du Grand-Duché deux tests rapides gratuits par semaine ;

- à mettre à disposition un test rapide gratuit à l’entrée des hôpitaux et des structures pour personnes âgées et vulnérables ;

- à élaborer des concepts intelligents d’hygiène sanitaire et d’utilisation de tests rapides dans les domaines du sport, de la culture et de la vie sociale et

professionnelle afin de pouvoir envisager progressivement un retour vers une certaine normalité dans ces domaines.

(s.) *Claude Wiseler, Nancy Arendt épouse Kemp, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Marc Spautz.*

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wiseler. An d’Wuert freet den Här François Benoy fir Fait personnel.

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Jo, merci, Här President. Ech erlabe mer, just kuerz drop ze reagéieren, well den Här Wiseler mech hei ernimmt huet. An eigentlech huet e mech mat der Proposition, déi ech am Stater Gemengerot gemaach hunn, net richteg eriwuerbruecht. Well wat hunn ech do gesot? Ech hunn natierlech net gesot, dass d’Stad Lëtzebuerg do sollt eng komplett Strategie maachen, wat d’Schnelltester géif ugoen, mee ech hu proposéiert, dass d’Stad Lëtzebuerg eng Offer géif maachen, fir et do, wou et kéint interessant sinn, anzesetzen, fir de Leit méi Sécherheet ze ginn. Fir de Leit méi Sécherheet ze ginn, fir Fräiheet och ze hunn, dass een do kéint esou eng Offer schafen.

(Brouhaha)

Zum Beispill andeems ee Schnelltester géif offréieren.

(Interruptions et brouhaha)

Dat heescht awer net, dass dat a Kontradiktioun ass dozou, ...

(Interruption par la présidence)

... dass een eng national Strategie géif maachen. Dat ass einfach just, dass een de Leit eng Offer gétt, fir méi Sécherheet ze kréien, wa se an d’Stad wëlle goen, wa se dohinner wëlle goen, wou méi Circulatioun ass.

A gläichzäiteg hëlleft dat, mengen ech, och dem Commerce, fir dass eebe méi Sécherheet do ass an dass ee méi Fräiheeten zréckkritt. Et ass awer net a Kontradiktioun domat, dass een eng ...

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift, e bësse méi andächtig!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- ... national Strategie zum Beispill hëlt. Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Benoy. Den Här Wiseler kritt d’Wuert zréck.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Also, da musst Dir natierlech och Är Kommunikatioun besser maachen, Här Benoy, well ech liesen natierlech och dat, wat Dir esou no bausse gitt: „François Benoy: Dringend Fro un de Stater Schäfferot fir e Corona-Schnelltest-Konzept fir d’Stad en vue vum annoncéierte Corona-Gesetzprojet vun der Regierung, wou d’Terrassen erëm sollen opgoen.“

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et ass kloer an däitlech, wat Der frot. Da musst Der lech vläicht besser expriméieren an Är Kommunikatioun.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wiseler. An d’Wuert geet nach eng Kéier zréck un den Här Benoy.

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Bon, dat ass e bëssen e langweilige Pingpong. Mee ech géif den Här Wiseler froen, dass en exakt déi Fro liest, déi ech eraginn hunn, schrëfflech, e puer Deeg virum Gemengerot. Do steet genau dran, wat ech gesot hunn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. François Benoy** (*déi gréng*).- Dat ass prezis an däitlech. An dat ass net a Kontradiktioun mat ier-gedeppe anescht. An et ass natierlech och net eppes anescht wéi dat, wat de gesetzleche Kader géif hei hierginn. Also kommt, mir bleiwe bei de Fakten! Merci.

■ **M. Claude Wiseler** (CSV).- Also de Fakt, dat ass, datt ech Ären Tweet ganz virgelies hunn!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci. Elo geet d’Wuert awer un deen zweeten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Gilles Baum** (DP).- Merci, Här President, fir d’Wuert. Kolleeginnen a Kolleegen: Gedëlleg, impfbereet, midd, dat sinn déi dräi Adjektiver, mat deenen ee kann e rezente Sondage resuméieren, dee virun enger gudder Woch an der Lëtzebuerger Rieess ze liese war. Et war awer och e Sondage - an ech wëll dat hei ganz kloer soen, am Géigesaz zu deem, wat mäi Virriedner gesot huet -, wou eng grouss Majoritéit vun de Leit der Regierung de Réckstäipt an hirem Krisemanagement an an de Mesuren, déi geholl gi sinn. Ech mengen, 70 %, dat däreft ee getrouscht als eng grouss Majoritéit betruuechten.



■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- 193.000 Tester sinn déi lescht dräi Woche gemaach ginn. Dat sinn der, op eng Millioun Awunner gerechent, siwemol méi wéi an Däitschland. Den Taux d'incidence ass wierklech geklommen, an Zäit vun enger Woch ëm iwwer 25 %, vun 198 op 250 an d'lescht Woch op 269. Den Taux de positivité ass eropgaange vun 2 % an en ass elo stabil bei 2,5 %. Sur ordonnance bleiwe mer stabil bei iwwer 5 %. An den R-Wäert, deen ass säit Woche leider iwwer 1 %.

An de Spideeler ass et esou, mengen ech, wéi och den Här Di Bartolomeo et virdu gesot huet, deem ech och géif Merci soe fir säin exzellente Rapport, dass mer an enger Situatioun sinn, déi ee kann als stabil bezeechnen. Mir haten an de leschten dräi Woche 76 Doudesfäll mam oder duerch de Covid. An ech menge leider hei mussen ze soen, dass mer nach net derduerch sinn.

Gedëlleg, dat éischt Adjektiv. Ech géif op dëser Plaz de Leit hei am Land, déi zu ganz, ganz, ganz ville scho ganz laang op d'Zänn bäissen an op esou munches verzichten, Merci soe fir hire Courage a Merci soe fir hir Solidaritéit, awer besonnesch Merci soe fir hiert Versteesdemech ...

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- ... an enger onberechenbarer Situatioun, an an där si mer, duerch Mutatiounen, déi d'Situatioun vun Dag zu Dag kënnen verännern. Mir setzen all zesummen an deem Boot, hei zu Lëtzebuerg, an Europa, vläicht souguer an der ganzer Welt. A mir ginn zesummen duerch déi gréisst Erausforderung, déi eist Land säit 1945 kannt huet.

Gedold wäerte mer nach brauchen, well et ass net eriwwer, och wa mer mengen, Liicht um Enn vum Tunnel ze gesinn. Eis Impfcampagne leeft, mee gradesou wéi an eisen Nopeschlänner net séier genuch oder net esou séier, wéi mir eis et géife wënschen. Dat huet näischt mat politischem Wëllen ze dinn, mee einfach mam Fait, dass mer net all deen Impfstoff geliwwert kréien, deen eis versprach ginn ass.

Aus der internationaler Press ass erauszeliesen, dass de Mount Abrëll soll dee Mount ginn, wou elo d'Länner massiv beliwert ginn. An da kann och massiv geimpft ginn. Mir sinn elo an der Phas, wou eis Matbirger tëschent 65 an 69 Joer geimpft ginn, dat si 27.500 Leit. An duerno kommen dann déi Leit tëschent 60 a 64 Joer, dat sinn der 34.500.

Wa mer bis d'Leit iwwer 60 geimpft hunn, mengen ech, hu mer eng kleng Tëschenetapp gepackt, well mat all geimpfter Persoun komme mer der Ligne d'arrivée méi no. Et hänkt awer, wéi gesot, vun de Liwweringen of, déi mer kréien. An ech mengen, mam Johnson, dee jo nëmmen eemol gesprëzt gëtt, wäert wierklech e „game changer“ op de Maart kommen, deen eis nei Impulser gëtt an och eng nei Dynamik an d'Impfcampagne kann erabréngen.

Ech war awer och frou gëschter ze liesen, ech mengen, Dir hutt dat och matkritt, dass BioNTech/Pfizer den Impfstoff getest huet op Jugendlecher tëschent 12 a 15 Joer. Si hunn do iwwer 2.500 Jugendlecher an Amerika getest. An deen ass, laut deenen Ergeebnisser, déi si gesot hunn, zu 100 % wirksam. Ech mengen, dat ass eng gutt Noriicht. A mir sollen och emol eng kéier hei uewen déi gutt Noriichten ervirsträchen.

Zweet Adjektiv: impfbereet. Et ass erfreelech ze gesinn, dass ganz vill Leit, ganz vill vun eise Matbirger sech wëllen esou séier et geet impfe loossen, an der Hoffnung op méi Normalitéit, an der Hoffnung op méi Fräiheet.

Ze denke gëtt engem awer trotzdeem déi Retizenz, déi Retizenz bei Leit aus dem Secteur, Leit aus dem Fleege- a Gesondheetspersonal. Do mussen mer, mengen ech, nach eng kéier massiv usetzen, massiv motivéieren, fir dass déi Leit, déi an de Klinicken an an de Strukture mat den eelere Leit schaffen, mam gudden Beispill virginn an esou zu méi Sécherheet bäidroen fir eis eeler Leit a fir eis vulnérable Leit.

Säit Ufank vun der Pandemie huet d'DP gesot, et géif keng Impfflicht ginn, awer mir géifen de Leit un d'Häerz leeën, sech impfen ze loossen. Vläicht wär elo de Moment, fir eng grouss ugeluecht Campagne ze maachen, mat bekannte Gesichter aus dem Sport, aus der Kultur oder aus der Zivillgesellschaft, déi sech zur Impfung bekennen, an doduerjer vläicht aner Leit an nach méi Leit ze motivéieren.

Déi lescht Woche gouf et Stëmmen innerhalb vun der CSV, eng vun deene Stëmme sot moies am RTL-Interview, eng Impfflicht misst komme fir d'Leit aus dem Gesondheets- an aus dem Fleegesecteur. Dat war eng kloer Ausso an eng kloer Fuerderung. D'CSV ass - oder war - also fir eng sektoriell Impfflicht. Dee selwechten Dag huet en aneren Deputéierte kuerz drop an der Santéskommissioun déi Positioun relativéiert, fir net ze soe revidéiert. An dat kann een och aus dem Chat aus där Kommissiounssëtzung erausliesen. Den Dag drop gouf et eng Pressekonferenz vun dräi Deputéierte vun der

CSV, déi um Riednerpult stoungen, an du war déi Fuerderung awer schonn erëm méi nuancéiert.

Ech muss lech soen, et ass e bësse schwiereg fir de Public dobaussen ...

(*Interruption*)

... an et ass och e bësse schwiereg fir de Public a fir eis heibannen ze verstoen, wat d'CSV wëllt, well dat weess een net esou genau: Ass et d'Meenung ...

(*Interruptions*)

... vun engem eenzelnen Deputéierten?

(*Interruption*)

Ass et d'Meenung vun der Fraktioun? Oder ass et d'Meenung vun der Partei? Also am Moment ass et wierklech net esou einfach, do ganz den Duerchbléck ze hunn.

(*Interruptions*)

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Ech kann lech just soen, dass d'DP géint eng sektoriell Impfflicht ass. Dat hu mer ëmmer gesot an dobäi bleiwe mer och.

All Doudegen ass een ze vill; do si mer eis heibanen eens. Eist Bäileed geet natierlech un d'Familljen an un d'Frënn, déi e Mënsch mam oder duerch de Virus verluer hunn.

Wou mer eis awer net méi eens sinn, dat ass d'Aart a Weis, wéi hei déi gréisst Oppositionspartei probéiert, e Schëllegen ze sichen, a mam Fanger op e Minister weist. Matzen an enger sanitärer Kris, wou Zesummenhalt a Serenitéit géife gebraucht ginn, gëtt hei de Mann, oder an dësem Fall d'Fra, gespillt an net de Ball. An dat fannen ech, éierlech gesot, net an der Rei!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- D'Familljeministesche Corinne Cahen huet d'lescht Woch op enger Pressekonferenz transparent an oppen iwwert d'Presenz vum Coronavirus an och iwwert d'Doudesfäll an den Alters- an an de Fleegeheimer informéiert. Et gëtt näischt ze verstoppen, et gëtt näischt ze vertuschen an et gëtt och näischt ënnert den Teppich ze kieren. D'Regierung baséiert hir Politik op d'Expertis an op d'Wëssenschaft. Dofir war et der Familljeministesche wichteg, dass op der Pressekonferenz Experten a Persoun vum Direkter vun der Santé, dem Här Jean-Claude Schmit, an och vum Epidemiolog Joël Mossong derbäi waren zur Erklärung vun de rezente Virfäll, déi Erklärungen heizou bäigedroen hunn.

Zu de Fakten: Alleguerten d'Alters- an d'Fleegeheimer zu Lëtzebuerg hu Mesuren an en Hygièneskonzept en place, déi spezifesch op déi jeeweileg Besoinen op der Plaz ugepasst sinn. Well net all Haus an net all Bewunner ass d'selwecht. Dofir gëtt et och net ee Konzept fir all Haus, well all Haus aner Ufuerderungen huet. Dës Mesurë goufen zesumme mat der Santé, der COPAS an dem Familljeministère ausgeschafft an och ëmmer korrekt ugewannt.

Am Fall vun Infektiounen an engem Haus gëtt et Prozeduren, déi bis elo ëmmer agehale gi sinn. Eng konkret Measure ass de Cohortage, also d'Regruppéierung vun infizéierte Persounen, wann dat méiglech ass. Den Epidemiolog, den Här Mossong, ass amgaangen, déi rezent Infektiounsketten an den Haiser ënnert d'Lupp ze huelen. An déi Ennersichunge sinn awer nach net ofgeschloss.

Dës Regierung, an dovunner sinn ech iwwerzeegt, wäert och weiderhin alles derfir maachen, fir d'Bewunner an den Alters- an an de Fleegeheimer souwéi awer och de Rescht vun der Populatioun esou gutt wéi méiglech virum Virus ze schützen.

Gläichzäitig setze mer och alles drun, fir de Mënschen déi néideg Fräiheeten ze erméiglechen, fir hiert Wuelbefannen an engem sécheren Ëmfeld ze garantéieren. An engem sécheren Ëmfeld ze garantéieren! An eng honnertprozenteg Sécherheet, ...

(*Interruption*)

... mat deene Mutatiounen, déi ënnerwee sinn, eng honnertprozenteg Sécherheet gëtt et net, ausser mir géifen eis Bierger, an an dësem Fall eis eeler Leit, konsequent isoléieren, konsequent aspären. An dat wëlle mer net! An dat ass och schonn am Ufank vum leschte Joer hei vun der CSV méi wéi eng kéier gesot ginn: „Mir wëllen déi eeler Leit net isoléieren.“ An déi eeler Leit wëllen dat och net.

De Lëtzeburger ass es midd. De Lëtzeburger wëllt zrëck an d'Normalitéit. An dat ass och legitim a verständlech. Mam Gesetz haut maache mer e ganz, ganz virsiichtegen, e klengen Schrëtt an déi Richtung. Ab dem 7. kann een zu zwee op enger Terrass vun engem Restaurant oder engem Bistro eppes zesummen iessen oder e Patt huelen. Dat ass och gutt esou an dat ass gutt fir d'Gemitt vun de Leit, et ass gutt fir d'Restaurateuren an et ass gutt fir dat soziaalt Liewen.

Verschiede Restaurants a Cafée wäerten hei matmaachen, anerer net. Dat ass e Choix.

Et huet een op de sozialen Netzwierker verschidde Reaktiounen gelies, vun hei bis do. Ech hu mech gefreet, dass de Wiert op der Place Clairefontaine geschriwwen huet, 6.00 Auer, dat wär awer e bësse fréi, fir e Picon Béier ze drénken, mee hie wär awer ganz, ganz frou, dass en um 10.00 Auer kéint opmaachen. Ech hu fonnt, dass dat einfach e léiwen, e positive Message war, e Message fir ze soen: „Lues a lues geet et erëm lass. Lues a lues geet et erëm biergop.“ An ech mengen, et ass och dee „mood“, dee mer am Moment brauchen. Ech wënschen hinnen alleguerten ab dem 7. Abrëll gutt Wieder an dass se och, éischstens, eppes kënnen schaffen an eppes kënnen verdéngen.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Mir sinn es all midd! Dat ass normal, dat ass mënschlech. Mee wann ech awer kucken, wéi eng Méiglechkeet mer hunn am Verglach zum Ausland - an dat soe mer eis auslännesch Matbirger -, da kënnen mer awer scho villes maachen: Theater, Kino, Bibliothéiken, Butteker, Piscinnen an ënner verschidde Konditiounen och de Sport.

Ech wollt e Wuert soen zum Couvre-feu, wou ech gëschter eng Etüd kritt hunn. An ech ginn déi och ganz gäre weider un den Här Wiseler an och un de Marc Baum. Déi ginn ech da weider. Et ass eng Etüd, déi vun europäesche Wëssenschafte gemaach ginn ass an 114 Regiounen vu siwe Länner, an zwar vun August d'lescht Joer bis de Januar. Do hu se Verschiedenes ënnersicht, a wat se erausfonnt hunn, ass am Fong interessant.

Ee Punkt ass ervirzehiewen, wéi gesot: dee vun der Ausgangsspär, well mer jo ëmmer erëm héieren, datt eng Ausgangsspär guer näischt géif bréngen, fir d'Neiinfektiounen ze verhënneren. Natierlech kann eng Ausgangsspär net esou e staarken Impakt hu wéi aner Mesuren - där ganz, ganz strikter. Mee dës Etüd huet awer bewisen, dass eng Ausgangsspär e statistesch signifikanten Effekt bei der Andämmung huet. Si huet dat nogewisen. Den R-Wäert ka mat dëser Measure ëm 13 % reduzéiert ginn. Mam Zoumaache vun de Schoule kéint den R-Wäert, am Géigesaz dozou, awer nëmmen ëm 10 % reduzéiert ginn.

Ech ginn déi Etüd ganz gäre weider. Wann Der Loscht hutt, da kënn Der lech déi ukucken. Da kënn Der lech Äert Bild maachen an dann haalt Der dovunner, wat Der wëllt.

Et ass eng Etüd, déi elo kuerz zu Lëtzebuerg publizéiert ginn ass, déi seet, déi bescht Measure, fir de Virus anzedämmen, ass nach ëmmer d'Reduzéierung vun de soziale Kontakter. An dat ass jo och dat, wat mer mat eiem Gesetz hei weiderféieren.

Ech mengen - an do ginn ech mengem Virriedner net Recht -, dass de Lëtzeburger Wee, dee mer elo all déi Méint gaange sinn, dee mer all déi Méint zesumme gaange sinn, mat virsiichtegen Schrëtt an ëmmer déi ganz Situatioun am A, dass dee Wee net verkéiert war. Ech géif soen, dee Wee war richtig!

Och wann et net einfach war an ass, wann et Kritik gouf a wann et och weider Kritik wäert ginn, mengen ech awer, dass kee Land an der Groussregioun de Volet Schoul esou gemeeschtert huet, wéi mir e gemeeschtert hunn. Well mer e Maximum vu Presenzunterrecht mat alle sanitäre Mesuren hikritt hunn, zum Wuel vun de Kanner a vun de Jugendlechen. Ee Schouljoer ënner ganz schwierge Premissen hu si dach - a wann ech soe „si“, da mengen ech d'Kanner, d'Enseignanten an hir Elteren -, mengen ech, awer propper iwwert d'Bün kritt.

„Maximal Chancë fir d'Bildung - minimal Chancë fir de Virus“, dat bleift eis erkläertent Zil! Den Asaz vun de Schnelltester an de Schoule wäert säin Deel dozou bäidroen.

Haut ass och erëm, an dat ass verständlech an ass och nozevollzéien, no der Base légale vu verschidde Mesurë gefrot ginn. A wann et einfach wär an eis déi Flexibilitéit, déi mer brauchen, fir lokal, regional séier kënnen ze handelen, net géif anengen, ech mengen, dann hätte mer viles am Gesetz gereegelt. Mee wichteg ass awer, méi wichteg wéi eng Base légale, an den Ae vun den Elteren, den Enseignanten an de Kanner, dass de Schoulbetrib leeft! An ech mengen kënnen ze soen, dass mer dat besser hikritt hu wéi aner Länner.

Här President, déi Froen, déi ech ëmmer erëm stellt kréien, an Dir och: „Wéini ass et erëm wéi fréier? Wéini geet et erëm op? Wéini ass et erëm wéi gewinnt?“, dorobber gëtt et keng prezis Äntwert, well mer ofhängeg si vun de Liwwerunge vum Vaccin. Op déi Fro eng prezis Äntwert ze ginn, ass net méiglech, ass net méiglech hei am Land an ass och net méiglech am Ausland.

Bis dohi mussen mer weider zesummenhalen, een op deen aneren oppassen an un engem Strang zéien, zum Wuel vun eis alleguerten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Gesetz.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gilles Baum. D'Wuert kritt direkt den honorebelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci dem Kolleeg Mars Di Bartolomeo fir säin x-te schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech wëll net soen, dass et eng Routine ass, well an esou engem Dossier gëtt et keng Routine, mee en huet dat, wéi ëmmer, op déi gewinnte gutt Aart a Weis hei gemaach.

Ech wëlt mat zwee Zitater hei ufänken. „Die Ungeduld verlangt das Unmögliche, nämlich die Erreichung des Ziels ohne die Mittel“, huet de Georg Wilhelm Friedrich Hegel gesot. An dat zweet Zitat vum Ruth Dreifuss: „Es gibt Gebiete, bei denen ich ungeduldiger bin, und Gebiete, bei denen ich mehr Geduld habe. Geduldig bin ich dort, wo die Komplexität des Systems eine gewisse Behutsamkeit fordert. Ungeduldig bin ich dort, wo Leute leiden.“

Dat bréngt zimmlech gutt d'Komplexitéit an d'Ambiguitéit vun der Situatioun vun haut op de Punkt. Jo, et gëtt en etlech Leit, déi leiden ënnert der aktueller Situatioun, notamment déi, déi u Covid erkrankt sinn, déi op der Intensivstatioun leien oder lounen, déi, déi eng Persoun verluer hunn, déi, déi net gutt mat der Situatioun vum Manktum u soziale Kontakter eens ginn, déi eleng sinn, déi, déi hir wirtschaftlech Existenz bedrot gesinn an déi effektiv um Spill steet. An et gëtt d'Komplexitéit vum System, mat all senger Facetten, mat all sengen Iwwerleeungen, deen ee mat all de Consideratiounen och muss gesinn, fir de gesellschaftleche System ze verstoen an och d'Zesummenhäng ze erkennen, an deen no enger gewëssener Rou a Reflexioun verlaangt. Ech sinn deemno gedëlleg ongedëlleg.

Mir sinn haut leider nach ëmmer an enger onsécherer Situatioun hei zu Lëtzebuerg. De Katastrophenzenario huet sech awer net ausgeléist. Dee leschte Wocherapport weist, datt d'Zuelen zimmlech konstant bleiwen, wann och op engem héijem Niveau. A mir sinn eis eens: een ze héijen Niveau.

Jo, et si méi Leit positiv getest ginn, mee et sinn der och insgesamt méi getest ginn. D'Hospitalisatiounen si lichter an d'Luucht gaangen. Dat ass beonrouegend. Mee d'Unzuel vun de Persounen op der Intensivstatioun, déi bleift stabil: an de leschten dräi Woche vun 32 op 17, an elo erëm op 25. Mir si glécklecherweis net an der Situatioun, an där mer um Schluss vum leschte Joer waren oder am Ufank vun dësem Joer: bei ronn 60 Leit op der Intensivstatioun.

De Reproduktiounstaux geet och erof, vun 1,13 % op 1,11 %, an nach souguer manner no deene leschten Zifferen. Den Taux de positivité pendelt sech och bei 2,5 % bis 3 % an. Och nach ëmmer ze héich. An och wann an de Kläranlagen d'Presenz vum Virus nach ëmmer ze héich ass, esou huet sech keng gréisser Tendenz no uewe confirméiert.

D'Progressioun vun de Stierffäll geet - wann een dat iwwerhaupt ka soen an esou engem Fall - an déi richtig Richtung. Virun dräi Woche waren et der 34, virun zwou Woche waren et der 23, an d'lescht Woch waren et der 7. Mir sinn eis awer eens: All Doudesfall ass een ze vill!

Mir sinn awer nach net duerch de Bësch. Mee dës konstant Zuele ginn eis d'Hoffnung, datt d'Situatioun sech stabiliséiert, a virun allem, datt manner Leit stierwen. Eis ass et dofir wichteg, dee richtegen Equiliber ze fannen, fir ee Stéck Normalitéit kënnen ze halen oder erëmzekréien. D'Situatioun ass net esou, datt ee grouss Oplockerunge ka maachen, mee et ass elo awer dee richtige Moment, fir e klengt Zeechen a Richtung Normalitéit ze setzen.

An dat maache mer, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Öffnung vun den Terrassen. Dat ass eng Oplockerung ënner ganz strikte Konditiounen, déi och missten duergoen, fir d'Ustiechungsgefor esou niddreg wéi méiglech ze halen. De Risiko ass hei net ze grouss, well just zwee Leit op engem Dësch kënnen setzen oder Leit aus engem Stot dierfen zesummekommen, an haaptsächlech, well et och dobaussen ass. Do ass den Ustiechungsrisiko méi geréng.

Et kann een elo iwwert d'Auerzäit diskutéieren. Et kann een iwwert d'Zuel vun de Leit diskutéieren, déi dierfen op engem Dësch setzen. Et kann een iwwert d'Opportunitéit, dat iwwerhaupt elo ze maachen, diskutéieren. An dach ass dës virsiichteg Oplockerung richtig an och gutt, well se de Leit dobausse Mutt mécht fir d'Zukunft. Esou vermeide mer och, datt d'Kollateralschied nach méi grouss ginn. Déi sozial, psychesch an ekonomesch Konsequenzen sinn nämlech enorm.

Et brauch een och nëmmen dobaussen ze kucken, Dir sidd alleguerten elo haut de Mëtten hei an d'Chamber komm, do hutt Der dobaussen op de Bänken an iwwerall, wou d'Leit sech konnte setzen, gesinn, datt d'Leit zesummesouzen, datt se de Besoin hunn, fir sech zesummen iergendwou zesummenzufannen. Dat ass och absolut normal! Bei esou engem gudden Wieder sëtzt ee sech gären zesummen. Duerfir fanne mir, datt dat Opmaache



vun den Terrassen e richtegt Zeechen ass. Do kann een an enger kontrolléierter Rumm sinn an de Risiko, sech unzestiechen, ass wierklech ganz geréng.

Dat kann een elo interpretéieren, wéi wann een déi Decisioun hei iwwert de Knéi gebrach hätt, zemoos wann een d'Situatioun am Ausland kuckt, wéi eis Nopeschlänner elo ëmmer méi restriktiv Mesuren huelen. Sécher kucke mir och dat, wat an eisen Nopeschlänner geschitt, mee mir halen eis eege Situatioun am Bléck. A wéi ech dat schonn dacks hei sot, an de Gilles Baum huet et och elo grad nach gesot: Lëtzebuerg geet säin eegene Wee! Dee Wee huet sech bis elo an deene groussen Zich als dee richtege Wee erweisen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegeinnen a Kolleege, eng honnertprozenteg Sécherheet fir d'Gesitioun vun enger Pandemie, déi gëtt et net. Néierens! A kengem Land a mat kenger Partei, déi an der Verantwortung ass, tous partis confondus.

Et sinn der, déi hunn dat assimiléiert, déi hunn et verstanen heibannen. Mäi Respekt fir si. Duerfir misst et och eist Zil sinn, heibannen zesummen dës Kris ze packen. Et ass net gutt, dass mer mat Scholdzouweisungen hantéieren an am Endeffekt nëmmen drop aus ze sinn, fir sech medial no bausse gutt dohinzustellen oder fir Clicks op de soziale Medien ze kréie bei engem Post oder mat enger Initiativ. Leider huet sech déi Prioritéit nach net bei jiddwer engem duerchgesat.

Wann ech dann hei d'CSV héieren: „Jo, an Irland hate se e Stufeplang an do sinn d'Zuele besser wéi hei.“ An Däitschland hate se och e Stufeplang. Deen hu se schonn dräimol op d'Kopp gehäit! Ass dat dann elo dee richtege Wee?

(Interruption)

A Frankräich ass et jo nach schlëmmer. An, jo, d'CSV seet hei, si géifen dat eng gutt Iddi fannen, wann d'Terrassen opginn - wann ech dat richteg verstanen hunn. Well et ass schwéier, bei der CSV ze verstoen, wat se richteg wëllen, well si soen: „Jo, mir fannen et gutt, mee mir fannen et awer och net gutt.“

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Si stëmmen dergéint.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Op alle Fall, an dat ass richteg: Si stëmmen haut dergéint, datt d'Terrassen opginn! Net nëmmen d'CSV, mee och alleguer déi aner Parteien, well si hunn de Rapport net gestëmmt. Dofir ginn ech emol dervun aus, datt se alleguerten dergéint sinn, ...

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mir stëmmen dach géint déi aner Punkten, wéi d'Ausgangsspär, an net d'Terrassen!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- ... datt d'Terrassen opginn.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- An Dir stëmmt fir d'Ausgangsspär!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Dat ass e Fait.

(Interruption)

Dat ass e Fait. Also, mir kënnen jo haut herno kucke beim Vott, wien derfir stëmmt a wien dergéint stëmmt. An da gesi mer jo, wien derfir ass, fir d'Terrassen opzemaachen. A mir gesinn, wien dergéint ass, fir d'Terrassen opzemaachen.

Ech hu virdrun dem Här Wiseler ganz gutt nogelauschtert. En huet sech een Zéngtel vu senger Riedezäit iwwert de Regëster opgehalen. E Regëster, deen eloeraus ass aus dem Gesetzestext! Jo, doriwwer kann een elo diskutéieren. En ass eng kéier dragesat ginn - en enger gudder Absicht, déi d'Regierung hat, fir dat ze maachen. An en ass eraus, opgrond vun enger Diskussioun, déi mer an der Santéskommissioun haten, an och well d'Regierung dat esou agesinn huet an och selwer zum Schluss kommen ass, fir dat erauszehuelen. Dat war eng gutt Decisioun! Do gesäit ee jo och, datt d'parlamentaresch Aarbecht zu eppes féiert. Dee Regëster ass erausgehollet ginn, an dat war gutt esou.

Duerfir géif ech der CSV nach eng kéier un d'Häerz leeën, dach op hir Memberen ze lauschteren. Ech hunn nämlech viru Kuerzem an engem Interview e Member - ech ginn emol dervun aus, datt en awer Member ass, de President vun der COPAS, de Marc Fischbach - héieren; wann een ufänkt, mat Scholdzouweisungen ze hantéieren. Ech muss soen, ech si schockéiert iwwert déi Aart a Weis, wéi dat hei an der leschter Woch ofgelaf ass. An ech fannen et eng ganz eekleg Aart a Weis, muss ech hei soen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Eng ganz eekleg Aart a Weis, wéi dat hei ofgelaf ass!

De Marc Fischbach - e fréieren CSV-Minister, an ech ginn emol dervun aus, datt en och nach CSV-Member ass -, deen huet gesot als Reaktioun op d'Fro, dass d'CSV der Ministesch géif d'Schold ginn: „Mir hu mat der Santésministesch a mat der Familljeminstesch gutt zesummege schafft. A mir waren Demandeur, fir dass et net sollt zu zwéngende Reegelelen oder Moosname kommen, déi mir net kéinten an allen Haiser ëmsetzen. An duerfir ware mir be-

méit ëm d'Ausschaffe vu Recommandatiounen, déi ëmmer mat der COPAS ofgeschwat waren.“ Also och mam Här Fischbach.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- En huet du gesot - an dat sollt d'CSV sech wierklech zu Häerz huelen! -: „Ech plädéiere fir Sachlechkeet vum Debat, fir déi rasonéiert Approche. Duerfir mécht et kee Sënn, fir elo engem Scholdzouweisungen ze maachen, och kengem Politiker oder enger Politikerin. Well jidder-een absolutt säi Beschtt mécht an alles hiergëtt, wat en huet. A wou ee wësse muss, dass de Kenntnisstand all Dag evoluéiert, soudass een, wat ee gëschter net esou richtig gesinn huet, haut nees ka korrigéieren, fir et muer nach eng kéier besser ze maachen.“

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Léif Kolleege vun der CSV: Ech wär frou, wann déi Verständnegkeet vum Här Fischbach sech géif heibanne méi breet maachen a mer net hei op esou eng eekleg Aart a Weis géife Politik maachen. Politique politicienne, fir vun interne Problemer ofzeweichen an hei ze probéieren, elo aner Leit ...

■ **M. Léon Gloden** (*CSV*).- Dir schwätzt egal wat!

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- ... quasi responsabel ze maache fir den Doud vun enger Rei vu Leit! Well wann een et liest, tëscht den Zeilen, dann ass et dat, wat d'CSV hei wëllt maachen. An dat geet net! Dat ass en absolutten No-Go!

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Léon Gloden** (*CSV*).- Ma da kuckt, datt keng Leit méi stierwen an den Altersheimer! Nondikass!

(Interruptions)

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- „Kuckt, datt keng Leit an den Altersheimer stierwen!“ Wéi wa virdu keng Leit an den Altersheimer gestuerwe wären! Här Gloden, Dir sidd awer wierklech vun enger Perspicacitéit. Déi ass awer bal net méi ze iwwertreffen heibannen!

■ **M. Gilles Baum** (*DP*).- Kuck emol zu Gréiwemaacher! Fänk emol bei Dir selwer un!

(Interruptions et coups de cloche de la présidence)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Gloden, den Här Engel huet d'Wuert a soss keen.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Nieft dem Fait, datt d'Leit an engem Altersheim stierwen, Här Gloden, ass et nach wäit dervun ewech, fir engem d'Schold ze ginn, wien an engem Altersheim stierft!

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Also mir hunn eng Fro gestallt a mir haten eng konkreet Motioun abuecht, ...

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Schreift lech dat an Äert Handbuch!

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- ... déi Dir net ënnerstëtzt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Madamm Hansen, den Här Engel huet d'Wuert a soss keen.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Eis Demarché par rapport zu den Nopeschlänner sinn ze vertrieiden, well mer de Status quo halen, weider streng Restriktiounen oprechterhalen, weider virsiichteg sinn an awer mat der Ouverture vun den Terrassen eng liicht Direktioun a Richtung Normalitéit huelen, dat nach ëmmer ënner strenge Restriktiounen.

An der Belsch hu se e Lockdown bis den 18. Abrëll. A Frankräich ginn d'Restriktiounen ab e Samschdeg méi streng. De partielle Lockdown gëtt iwwert d'ganz Land ausgebreet. An Däitschland ginn d'Moosname bis den 18. Abrëll verlängert. An d'Saarland hieft de Lockdown op no Ouschteren a mécht d'Restauranten och op; à contre-courant zu deenen anere Bundeslänner, mee sécherlech mat engem gudden Argumentaire. Iwwregens: Am Saarland gëtt et en CDU-Ministerpräsident.

Iwwregens verlängert och Schweden, dat jo ëmmer als den absolute Modell dohigestallt gëtt, opgrond vun deene weider héijen an och klammenden Neiinfektiounen d'Restriktiounen an de Caféen an an de Restauranten. Do bleift et zwar, wéi bis elo och, bis um 20.30 Auer op - dat ass méi laang wéi hei -, et gëtt awer och hei Beschränkunge fir Visiteure vun Akafszentren, Butteker a Fitnesser, gradesou wéi och bei eis. D'Neiinfektioune waren an der Lescht dräimol esou héich a Schwede wéi an Däitschland. An d'Entwécklung geet an déi falsch Richtung, dat huet de schweedesche Ministerpräsident selwer esou agesinn, duerfir mussen d'Restriktiounen och nach hei bäibehale ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, och nach e puer Wuert zu enger vun den ëmstriddenste Moosnamen, déi dës Regierung agefouert huet. Dat war dat, wat de Gilles Baum och gesot huet: de Couvre-feu.

Jo, d'LSAP stoung a steet nach ëmmer - an ech betounen dat hei nach eemol - op der Säit vun de Vertrieider vun de fundamentale Rechter. Fir eis ass d'Ausgangsspär och eng grouss Aschränkung vun den individuelle Rechter! Mee fir d'Kontaktlimita-

tiounen am Privatberäich kënnen anzeschränken, huet eis dës Moosnam als onëmgängelech geschéngt. Jo, well genau dat ass de Grond, woufir déi Ausgangsspär agefouert ginn ass: fir d'Kontakter am private Beräich esou vill wéi méiglech anzeschränken! Wëssend eeben, datt et dee Beräich ass, wou d'Police och net kann agräifen. A wann ee gesäit, datt Partye stattfannen, esou wéi de leschte Weekend beim Mudam, dann ass et och gutt, datt dee Couvre-feu nach bestoe bleift.

Streng Kontaktlimitatiounen gehéieren zu de wierksamste Moosnamen am Kampf géint dës Pandemie. Dës restriktiv Moosnamen ze huelen, huet sech als richtig erweisen. Heifir gëtt et jo och elo wëssenschaftlech Erkenntnisser.

Jo, et kann een déi net richtig fannen. Et kann een hei andauernd no wëssenschaftlechen Erkenntnisser froen, an dann, wa se kommen, se awer net richtig fannen, well se engem seng eegen Theorie net ënnerstëtzen. Mee et gëtt nun emol awer eng Etüd vun der Universitéit Oxford an aneren europäesche Wëssenschaftler, eng Etüd vu 27 Säiten. An op der Säit 10, do steet, datt de Curfew e moderaten, awer statistesch signifikanten Effekt huet, esou wéi den Här Baum et gesot huet, datt den R-Wäert duerch d'Ausgangsspär ëm 13 % ka reduzéiert ginn, duerch d'Maskepflicht - déi jo och vill gefrot gëtt hei vu verschiddene Säiten, ... oder ëmmer ginn ass, pardon - zum Beispill nëmmen ëm 12 % an duerch d'Schoulen zoumaache just ëm 10 %.

Mir wëssen, datt hei am Land Decisioune musse geholl ginn, Dir Dammen an Dir Hären. D'LSAP ass eng verantwortungsvoll Partei a mir stellen eis eiser Responsabilitéit. Mir wäerten dëst Gesetz hei och matstëmmen.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Kris ass nach net eriwwer, mee d'Impfstrategie geet weider. Déi véiert Phas huet jo elo ugefangen, fir déi Leit vu 65 bis 69 Joer ze impfen. Déi erwaart Progressioun bei den Impfungen, och mat den éischten Dosissen Johnson & Johnson, déi geschwënn an den Asaz kommen, ginn eis alleguerten Hoffnung.

Ech si mat dem Här Wiseler d'accord: Wa mer Impfstoff kréien, da solle mer deen och huelen. Dat ass e komplex Thema, ech weess dat. Déi komplex Froe musse mer heibannen och beäntweren. Mee d'Impfen ass de Wee aus dem Tunnel eraus. Et bestinn awer elo nach eng ganz Rei vun Ongewëssheeten, soudatt, wa mir weiderhin all eis Responsabilitéit droen, nach gedéleg a virsiichteg bleiwen an och nach eis Geste-barriären anhalen, all eis Eforten, déi mer elo säit engem Joer gemaach hunn, och all net ëmsoss waren. Da komme mer och zesummen aus dëser Kris eraus.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord hei vun der LSAP.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Georges Engel. De Mikro ass elo fräi fir déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Här President?

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Madamm Hansen freet d'Wuert.

■ **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Jo, merci. Ech wëll just preziséieren, datt den Här Engel net grad alles virgelies huet, wat den Här Fischbach gesot huet. En huet nämlech och gesot: „Beim Impfen hätt ee kënnen d'gesamt Personal berücksichtegen, och déi Professionell, déi an d'Haus erakommen, wéi zum Beispill d'Botzpersonal, de Kiné oder de Coiffeur.“ De Marc Fischbach bedauert och, datt d'Leit an de Strukture fir d'betreit Wunnen net prioritär geimpft goufen.

Also en huet net alles gelueft.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert zréck un den Här Engel.

■ **M. Georges Engel** (*LSAP*).- Jo, et ass richteg, ech hunn net dee ganzen Interview hei vum Här Fischbach opgezielt, wat e gesot huet. Mee dat, wat ech gesot hunn, dat sollt Dir lech an Äert Bichelche schreiwene!

(Hilarité)

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Très bien!

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Engel. Da wier et elo un der Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Jo, et sinn e puer Nimm gefall hei vun der CSV. Et muss ee wierklech feststellen, datt d'CSV an der Vergaangenheet ganz gutt Politiker hat.

(Brouhaha et interruptions)

E puer Wieder zu den Zuelen, ...

■ **Mme Octavie Modert** (*CSV*).- Däerf ech lech drun erënneren, wéi dacks Der déi doten ëmmer kritiséiert hutt, déi Partei?!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... iwwert déi ech elo net esou laang wëll schwätzen, well se scho genannt gi sinn, och zum Rapporteur, deem ech wierklech villmools Merci wëllt soe fir säi gudden Rapport, dem Här Mars Di Bartolomeo, wéi ëmmer. En huet erkläert, datt déi sanitär Entwécklung zu Lëtzebuerg eis natierlech Suerge muss maachen. Si ass net déi bescht, mee et muss een awer och soen, datt se net déi schlechtest ass. Virun allem ass se net esou beonrouegend wéi an anere Länner, wou d'Spitalscapacitéiten - ech schwätze vu Frankräich - scho plazeweis un der Limit ukomm sinn.

Bei eis halen d'Zuele sech, wéi och schonn erkläert, op engem Niveau, deen awer nach geréierbar ass an deen och nach verträglech ass. Duerfir huet d'Regierung et mat dësem Projet de loi gewot - dat Wuert ass och schonn eng kéier gefall, ech mengen, vum Gilles Baum -, si huet et „gewot“, e klenge Liichtbléck an den Alldag ze bréngen. Et ass deen, datt d'Terrasse vun de Caféen a Restauranten vu mueres sechs bis owes sechs ënner strenge Konditiounen däerfen opmaachen, während de ganze Rescht vun de Moosnamen natierlech weiderhi verlängert gëtt. Dat aus sanitäre Grënn an net fir d'Mënschen ze kujenéieren.

Den Horeca-Secteur schwätzt bei dëser begrenzter Ouverture vun enger onlogescher Decisioun, vun Aewëscherei a vu Symbolpolitik.

Richtig ass, Dir Dammen an Dir Hären, datt dës Lackerung effektiv net déi grouss Recetten abréngt. Si sinn éischter bescheide par rapport zum Normalbetrieb. Et ass och richteg, datt d'Öffnungszäite fir vill Clienten net immens attraktiv sinn. Dat ass dat eent. Dat anert ass awer, datt d'Ouverture vun den Terrassen Ulass gëtt zur Hoffnung. An zwar zu der grousser Hoffnung, datt et mat de Fräiheeten no laanger Zäit nees biergop geet, wa mer eis gescheit uleeën. Dat ass fir eis e wichtige Punkt.

An dëser Pandemie brauchen d'Mënschen nämlech net nëmmen AstraZeneca, Moderna oder Pfizer, si brauchen och Hoffnung. Well „Do, wou een d'Hoffnung fuere léisst, gëtt d'Welt zur Häll“, huet den Dante Alighieri a senger gëttlecher Comedie behaapt.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Jo.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat war viru bal 800 Joer, mee et stëmmt nach haut. Et muss een och net u Gott, Himmel an Häll gleewe fir ze wëssen, datt d'Hoffnungslosegkeet kee gudden Beroder ass an dat se op d'Dauer krank mécht.

Dat heescht net, datt mir als Gréng neierdénge fir blannen Optimismus hei plädéieren, wat de Wee aus der Kris ubelaangt. Mir sinn, wéi all eis Kolleege hei aus der Majoritéit an, ech hoffen och, aus der Opposition, realistesch. Mir behaupten och net, datt de Covid net méi geféierlech ass. Dat ass ganz sécher net de Fall. Mir sinn eis och bewosst, datt e weiderhi mat Iwwerraschunge wäert ugerest kommen.

Allerdénge plädéiere mir als Gréng derfir, der Hoffnung eng Chance ze ginn, andeems mer eebe grad konkreet Perspektive schafen, déi de Wee an d'Normalitéit beschleunegen, ouni datt de Gesondheeschutz ze kuerz kënnt. Et ass och dat, wat ech an der Kommissioun gesot hunn.

An deem Hibleck sinn am Fong dräi Haaptfacturen an den nächste Méint fir eis entscheidend. Et sinn déi dräi Facteure ganz genee, op déi d'Regierung och setzt. Dat ass, éischstens, d'Acceleratioun vun der Impfstrategie, awer ëmmer am Geescht vun der europäescher Solidaritéit, wou mer net als Lëtzebuerg Virdrängerei solle bedreiwen; zweetens, de cibléierten Asaz vum Large-Scale-Testing, dee mer kennen. An drëttens kommen ech da bei d'Schnell-an d'Selbsttester iwwerall do, wou d'Resultat séier gebraucht gëtt a wou mëttlerweil schonn 2 Milliounen Tester zu Lëtzebuerg ukomm sinn an 8 weider Milliounen nokommen. Dat ass jo net grad nâischt.

Zu der Impfstrategie: Wat d'Impfen ugeet, esou ass et jo positiv, datt mir fir déi nächst Wochen a Méint mat vill méi héije Quantitéite kënnen rechnen. 120.000 Dose kommen am Abrëll vu Pfizer a 50.000 Dosen am Mee vun Johnson, deem neien Impfstoff, bei deem just eng eenzeg Dosis wäert néideg sinn. Spéitstens da muss Lëtzebuerg natierlech Vollgas ginn an déi héich Quantitéiten esou séier wéi méiglech verimpfen. Well mir wësse jo, datt se am Frigo kengem eppes notzen.

Hei stellt sech dann och d'Fro, inwiefern datt d'Hausdokteren an d'Apdiktere kënnen matabezu ginn, wann et ëm d'Impfe geet, ëm d'Duerchféierung, wuel wëssend, datt sech hei nach eng ganz Rei logistesche oder medezinnesche Froe wäerte stellen. Mir mengen awer, datt dës Beruffsgruppe gutt gestallt sinn an d'Leit gutt kënnen informéieren, ëmsou méi, well se e Vertrauensverhältnis zu de Patienten hunn a méiglech Ängschten oder Bedenken aus dem Wee raume kënnen.

Jiddefalls ass d'Impfbereetschaft eng vun de wichtigste Konditiounen, fir datt d'Impfcampagne iwwerhaupt déi Friichten dréit, déi eis Gesellschaft no laange Méint vu Restriktiounen verdéngt huet.



A spéitstens wann d'Impfwell d'Infektiounswell iwwerhëlt, si mer op der gewonnener Säit. Dofir verschléisse mir als Gréng eis net der Verimpfung vum Sputnik, awer ënnert der Konditioun, datt dat am europäesche Kontext zesumme mat eisen Nopeschlänner geschitt. Well mir stinn net fir en Alleingang an deem ganze Kontext vun der Impfstoffbeschaffung. Dat ass ni dee richtege Wee.

Här President, e weidere Bausteen um Wee an d'Normalitéit ass natierlech d'Teststrategie, wou ee muss betounen, datt kee Land esou vill test wéi Lëtzebuerg. Dat huet et bis elo erméiglecht, d'Ausbreedung vun der Pandemie am Bléck ze behalen. Den LST hëlleft donieft och, d'Verhale vum Virus besser ze verstoen a senger Verbreedung e Stréch duerch d'Rechnung ze maachen.

Dat geléngt natierlech émsou besser, wat de Large-Scale-Testing méi cibléiert agesat gëtt, notament do, wou den Infektiounsrisiko erwisenermoossen héich ass. An da kommen ech op d'Aarbechtswelt, déi vläicht an der Vergaangenheet dach e bëssen negligéiert ginn ass a wou elo muss nogebessert ginn. Et weess een, datt do eng ganz Rei Infektiounen detekéiert gi sinn, vläicht well ganz einfach net genuch getest ginn ass op deene Plazen, wou vill Salariéen op enkem Raum zesummesëtzen, oder -schaffen, besser gesot.

D'Schnelltester: D'Selbsttester sinn och schonn ernimmt ginn. Ech wéilt och doriwwer e puer Wieder verléieren. Si spillen natierlech eng ganz wichteg Roll an deem ganzen Zenario. Dowéinst si se och eebe grad a ganz grouss Quantitéite bestallt ginn. Dat ass wichteg, fir déi relevant Secteuren och ofzesécheren.

Dës Form gesi mir net als Konkurrenz zu de PCR-Tester, mee als eng ganz sënnvoll Ergänzung. An d'Argument, datt dës Tester net agesat sollte ginn, wéi vu verschiddene Säite gefrot, well se e bësse manner fiabel sinn, loosse mir net gëllen, well d'Alternativ näischt anescht wier wéi Fräiheitsaschränkungen.

D'Potenzial vun deenen Tester ass jiddefalls grouss a soll genotzt ginn. Besonnesch am Schoulsektor, mee och an den Alters- a Fleegeheimer si se haut onëmgängelech, fir Schléissungen ze verhënneren a Grondfräiheeten ze garantéieren. An dowéinst ënnerstëtze mer och grad dee Schrëtt, deen elo zu Déifferdeng gemaach gëtt an de Grondschoulen an an de Betriedungsstrukturen, wou deen éischte Pilot-projet ugelaf ass.

Dat grousst Potenzial vun deenen Tester weist sech awer och a verschiddene Stied am Ausland. An ech kommen dohin, wou mer virdru scho waren, wéi de François Benoy ugeschwat ginn ass, dat ass zu Tübingen, enger Stad, op déi vill Leit neidesch kucken, well se mat engem ganzen Netzwierk vu Schnellteststationen ausgestatt ass. Sinn d'Mënschen negativ getest, steet der Fräiheet näischt méi am Wee, zumindest fir een Dag.

Wat da Lëtzebuerg ugeet, kann een natierlech net verlaangen, datt mir vun haut op muer eng Kopie vum Tübinger Modell aus dem Stee schloen. An et ass och net dat, wat de François Benoy am Stater Gemengerot gefrot huet.

Et ass eiser Meenung no allerdéngs derwäert, sech mat innovative Konzepter wéi dësem oder och aneren ausereneenzenesetzen, amplaz doriwwer ze polemiséieren, wann d'Resultat Fräiheet heescht. Ech denken, dat ass en Exercice, dee mer all zesumme solle maachen an eis kenger Diskussioun verschléissen.

(Interruption)

Wéi grouss d'Schied sinn, ...

(Brouhaha)

... déi d'Onfräiheet mat der Zäit ugeriicht huet, gesi mer a villen Etüden, déi de Bien-être, oder besser gesot de Mal-être vun der Populatioun erfassen. Mëttlerweil fëlle se Bicher a kommen alleguer zum selwechte Schluss. Esou och eng rezent Etüd vun der Caritas, déi e Service d'écoute et d'orientation bedreift. Déi Responsabel vun deem Service schloe mëttlerweil Alarm, well ëmmer méi Jonker ënner pregnant Suicidedanke leiden, sech automutüelieren, depressiv ginn an extreem Angschtgefiller entwéckelen.

A laut der Directrice vum CePAS, dem Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires, der Nathalie Keipes, werft de Mangel u sozialen Aktivitéiten déi Jonk an en Isolement, aus deem se lues a lues keen Auswee méi fannen. Mee leider ass an de psychiatresche Strukture vun de Spideeler an och ausserhalb vun de Spideeler néierens méi eng Plaz ze kréien an och kee Rendez-vous méi ze kréien.

Wéi grouss d'Donkelziffer an allen aneren Altersgruppen ass, also och bei den Erwuessenen an den eelere Mënschen, kann een eigentlech nëmme vermudden. En Hiweis liwweren hei déi steigend Zuele vu Psychopharmaka, déi zanter Méint zu Lëtzebuerg geschléckt ginn, mat erwisenermoossen enger Steigerung vu ganzer 30 %.

Och dës Entwécklung hannerléisst hir Affer. Mee vun hinne gëtt am Fong manner geschwat wéi vun den

Affer vum Virus. Jiddefalls ass dës Entwécklung e gudder Grond, fir op intelligent Lackerungsstrategien ze setzen an och d'Veräinsliewen nees ze aktivéieren, ënnert deene sanitäre Bedéngungen, déi mer brauchen.

Virun allem am Individualsport dobaussen dierft den Opwand sech a Grenzen halen, vu datt d'Ustiechungsgefor do souwisou kleng ass. A mir menge schonn, datt eng Sportswelt, an där just d'Elitesportler vill Rechter hunn, während déi manner ambitiéis oder manner talentéiert Sportler op hir Kompetitiounen musse verzichten, datt déi Welt sech net laang iwwer Waasser hält.

(Brouhaha)

Doriwwer eraus verléiert d'Sportswelt hir wichteg sozial- a gesellschaftspolitesch Dimensioun, wann d'Elitesportler prioritär behandelt ginn.

Ech denken hei och un déi vill Benevollen, déi virun der Pandemie aktiv an engem Veräin engagéiert waren a sech mëttlerweil zrëckgezunn hunn, entweeder fir sech selwer ze schützen oder eeben, well keng Aktivitéit am Veräin méi méiglech war. Eigentlech ass de gesellschaftleche Wäert vun der benevoller Aarbecht, déi an de Sport- an anere Veräiner geleescht gëtt, ville Leit während der Pandemie eréischt richtig bewosst ginn.

An hei kommen ech bei d'Wieder, déi de Georges Engel benotzt huet: Hei gi mer „ongedélleg gedélleg“.

Mat cibléierte Schnelltester jiddefalls, intelligenten Hygiënskonzepter, Eegeverantwortung a Kreativitéit geléngt et eis ganz sécher, d'Veräinsliewen nees a Schwong ze bréngen - och do sinn ech hoffnungsvoll optimistesche -, d'Mënschen nees am Sënn vum Wuert ze vereenen an d'Ausenanerbriche vun de Veräiner ze verhënneren.

Vu datt de Familljeministère, souwäit ech weess, eng Etüd bei der Agence du bénévolat an Optrag ginn huet, fir d'Besoinen vun de Veräiner besser ze erfassen, bitt sech hei eng Chance, Madamm Minister. Déi speziell Erausforderungen zum Beispill, mat deenen d'Veräiner duerch d'Covidkris konfrontéiert sinn, kënnen an där Etüd vläicht kloer identifizéiert ginn, mam Zil, datt d'Veräiner an de Benevolat d'Pandemie ouni gréisser Schied da wäerten iwwerliewen. Och dat ass eng Perspektiv.

Ee Bléck iwwert d'Grenzen, och deen ass wichteg, quitte datt et an de successive Covidgesetzer just ëm Lëtzebuerg geet. Ech denken, mir mussen awer och iwwert den internationale Kontext schwätzen, well e mécht eis Suergen. Wéi oft huet d'EU scho versicht, eng gemeinsame Linn am Kampf géint de Virus op d'Been ze stellen? Gelongen ass et hir nach ëmmer net. „Zu zaghaft, zu langsam, zu eigensinnig“, schreift d'dpa. An dat ass net eiser Regierung hir Schold, well Lëtzebuerg stoung nach ëmmer fir d'Zesummenaarbecht an huet sech nach ëmmer derfir agesat.

Nach ëmmer hält all Land trotzdeem eegesënneg seng eegen Decisiounen. Mam Resultat, datt d'Länner sech symbolesch, mee och zum Deel physisch oder awer politesch vuneneen trennen, amplaz sech um Rimm ze rappen an zesummenzufannen.

Dobäi kéint de systematesche Réckgrëff op Antigenschnelltester d'Mobilitéit an Europa erliichteren an ondifferenziéiert Reesbeschränkungen oder Grenzschréissunge verhënneren. Domat wëll ech net soen, datt d'Frontalieren Dag fir Dag mat bürokrateschen Testhürde solle kujenéiert ginn, fir iwwert d'Grenz op hir Aarbecht däerfen ze fueren an owes nees heem, esou wéi et elo op der Grenz tëscht Däitschland a Frankräich passéiert. Ech wëll domat soen, datt dat oniwwersiichtlecht Netz vun nationale Bestëmmungen, Testkonditiounen a Quarantäneregelunge bei der Arees zu vill Inkohärenz an Onzefriddenheet geféiert huet, déi Europa sech eigentlech kéint oder misst erspuren.

Ëmmerhin ass d'Reesfräiheet eng vun de Grondfräiheeten an Europa an domat eng vun de fundamentalen Errongenshafte vun der Unioun. An net fir näischt schwätze mer vun engem Europa ouni Grenzen. A mir hoffen, datt dat Europa ouni Grenzen och bestoe bleift. Grad op dësem Niveau sollten den Notzen an d'Proportionalitéit vun aschränkende Moosssname geziilt evaluéiert ginn, ier Decisiounen geholl ginn. Woubäi Grenzschréissunge fir eis nach ëmmer en No-Go waren.

Ee wichtegen, gudder Schrëtt an déi Richtung wier eiser Meenung no d'Ausschaffe vun enger gemeinsamer a gratis zougänglecher Schnellteststrategie op europäeschem Niveau zesumme mat deenen anere Länner, wou Lëtzebuerg natierlech just ee klengen Acteur ass. Fir d'Reesfräiheet ze garantéieren, kënt et nämlech grad an dësem Beräich op Schnellgeheet un. Dofir gouf jo eebe grad um Findel scho fréi op Schnelltester gesat, fir An- an Ausreesender bei Bedarf ze testen. Dës Modell soll eiser Meenung no Schoul maachen.

Am Moment erkennen awer leider just dräi Länner - dat si Lëtzebuerg, Schweden an Italien - Antigenschnelltester als negativen Noweis bei der Arees un. Et ass also net, wéi wa Lëtzebuerg passiv wier. An deenen anere Memberstaaten, mat Ausnam vu

verschiddene Pilotprojeten, zum Beispill un der däitsch-polnescher Grenz, kann den Noweis ëmmer nach just iwwer e PCR-Test erfollegen. Dat féiert natierlech zu onnéidegen Hürden a Käschte bei der Arees an Ausrees a belaauscht och onnëtz déi national PCR-Testzentren.

An deem Sënn hoffe mir staark, Dir Dammen an Dir Hären, datt zumindest op dësem Plang eng harmoniséiert europäesch Approche wäert zustane kommen; och wann et scho ganz spéit ass.

Positiv ass, datt um Niveau vun der Groussregioun schonn Diskussiounen ronderëm gemeinsam Teststrategië lafen, an déi d'Ministesche fir d'Groussregioun, déi och hei present ass, och implizéiert ass. Dofir kritt Dir och eis vollst Ënnerstëtzung, Madamm Minister.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss, mat der Feststellung, datt mir souwuel eng national, mee och eng europäesch an eng global Ustrengung brauchen, fir méi séier aus der Kris ze kommen. A mir brauchen intelligent Konzepter. Op allen Niveaue brauche mer awer och Kooperatioun amplaz Konkurrenz. Mir brauche Gemeinschaftssënn amplaz Egoismus. A mir brauche Solidaritéit an Zesummenhalt an der Chamber amplaz Besserwësserei a Scholdzouweisungen.

An domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, de Rapporteur, den Här Mars Di Bartolomeo, wäert elo schonn, ech denken, méi wéi eng Dose Mol de Covidrapport gemaach hunn. Mir gratuléieren him zu dëser neier Verbesserung vu sengem perséinleche Rekord a soe villmools Merci fir seng Erklärungen, schrëftlech wéi och mëndlech.

Ech wéilt och op dësem Wee am Numm vun der ADR der Gesondheitsministesch Paulette Lenert eng gutt Besserung wënschen.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Merci, dat ass ganz gentil!

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Am Kader vun der x-ter Verlängerung vun de Mesurë géint d'Pandemie kommen ech dann direkt zu dem eenzege Punkt, deen nei ass an dësem Gesetzesprojet. An et geet ëm d'Ouverture vun den Terrassen am Horeca-Secteur. D'ADR begréisst dat. Awer mir bleiwe bei eiser Fuerderung, datt den Horeca-Secteur soll kënnen ganz opmaachen, natierlech mat deene virgeschriwwene Sécherheetsmesuren. Dat versteet sech jo vum selwen.

Vill Patrone vum Horeca-Secteur hu wéinst der méintelaanger Fermeture zolidd Problemer, fir déi zwee Enner um Enn vum Mount beieneenzekréien. Mir mussen eis heibannen och wierklech d'Fro stellen, wéi sënnvoll déi elo festgeluechten Öffnungszäite fir d'Terrasse sinn. Souguer de Collège médical huet hei Bedenken a weist sech a sengem Avis erstaunt doriwwer, datt d'Terrasse moies um sechs Auer opgin, bis owes sechs Auer. Hien erënnert d'Regierung drun, datt ewell d'Summerzäit gëllt an et um sechs Auer moies nach däischter ass, wougeéint et awer bis owes aacht Auer hell ass.

Fir de betroffene Patronen eng reell Méiglechkeet ze ginn, fir hir zolidd Verloschter opzefänken, a fir de Leit nees méi Liewensqualität ze ginn, hate mir als ADR en Amendement zu den Ouvertureszäiten abruecht, dee leider de Moie verworf ginn ass. An zwar hate mer gefrot, fir d'Terrasse vu moies sechs Auer opzemaache bis owes néng Auer. Dat géif et zum Beispill erlaben, datt d'Caféen an d'Restauranten net nëmme mëttes, mee och owes kéinten de Clienten en lessen zerwéieren. Duerch déi Covidmesuren, deene se mussen elo Rechnung droen, hu si deels méi Käschte wéi dat, wat se erakréien.

Wann d'Terrasse vum Horeca-Secteur nees opgemaach ginn, kënnst dat och deene ville Bierger zegutt, déi Problemer mat der psychologescher Gesondheet hunn. Et wär e Stéck Normalitéit, wat de Leit géif erlaben, fir Sonn ze tanken an nees an d'Normalitéit zrëckzufannen. Et wär e Lichtbléck bei all deene villen Aschränkunge vun de soziale Kontakter an deenen anere Restriktiounen, déi d'Leit belaauchten.

Här President, mir fuerderen och, datt déi aktuell staatlech Hëllef an Kader vun der Kuerzaarbecht oder dem Chômage partiel an aner Hëllef an esou laang verlängert ginn, wéi de Staat den Entrepreneuren et net erlaabt, erëm normal ze schaffen.

Ee wichtige Wee, fir dës Kris ze meeschteren, sinn d'Impfungen. Mir wëllen als ADR, datt déi, déi sech wëllen impfe loosse, dat och zouverlässeg a séier kënnen maachen. Fir eis ass d'Impfung e wichtegt Instrument am Kampf géint d'Pandemie. Awer mir betounen och, datt se muss fräiwëlleg bleiwen. D'ADR ass nach déi eenzeg Partei an dësem Haus, déi wierklech konsequent de Leit als Bierger vertraut a si an Eegeverantwortung wëllt decidéiere loosse, wéi eng Moosssname si wëllen huelen. D'Impfung ass e medezinnesche Schutz a si däerf

net zu enger Konditioun fir den Accès zu de Grondrechter ginn. Déi Leit, déi sech net wëllen impfe loosse, däerfen doduerjer net manner Rechter hunn, wéi déi, déi sech wëllen impfe loosse.

Awer mat den Impfungen, do geet et hei am Land net virun. Et gëtt kee Stéck. Et ass jo ze verstoen, datt d'Regierung probéiert, hiert Versoen an der Impfcampagne schéinzerieden, awer si ka sech net ëmmer hanner Liwwerschwieregkeete verstoppen. Dat ass bëlleg, well déi aner Länner wäer jo dann an där selwechter Situatioun - an dat si se awer net! An eisen Aen ass et awer einfach skandaléis, richteg blamabel fir déi Lëtzeburger Regierung, datt aner Länner un hir Bierger geduecht hunn a genuch Impfstoff kaaft hunn, awer d'Lëtzeburger Regierung just drun interesséiert war, fir als europäesche Musterschüler dozestoen. Déi aner Länner vertrieden hir national Interessen a suerge fir hir Leit. Eis Regierung mécht dat net a verléisst sech op d'Interesse vun der Bréisseler Bürokratie.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Wéi anescht ass et soss ze erklären, datt en anert EU-Land vun enger änlecher Gréisst wéi Lëtzebuerg, an zwar Malta, wäit besser Resultater huet wéi mir. Do sinn 30 % vun de Leit scho geimpft. Länner baussent der EU, wéi Israel, d'USA oder dat Vereenegt Kinnekräich, sti sech och wäit besser wéi mir. Den EU-Musterschüler Lëtzebuerg ass an der internationaler Impfstatistik wäit hannendran, a souguer nach hanner enger ganzer Rei vun arabesche Staaten. Et sollt ee vläicht manner Pressekonferenze maachen an duerfir méi Zäit domat verbréngen, fir sech fir eist Land anzesetzen.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Très bien!

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Gambia huet et och net fäerdegruecht, fir déi eeler a vulnerabel Matbierger an den Altersheemer, am betreite Wunnen ze schützen.

■ **Une voix**.- O!

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Ronn net grad d'Hallschent vun de Covidoudegen hei am Land kommen aus esou Strukturen.

(Interruption)

Mir stellen hei virun allem en Echec fest vun der zoustänneger Ministesch. An ech mengen, mir kommen nach herno um Punkt 3 vum Ordre du jour méi genee heirop zrëck.

Nach ee Wuert zu den Impfstoffer: Mir haten als ADR schonn am November an am Dezember gewarnt, datt mir eng virsiichteg Approche mussen hunn. An dat, well déi laangjäreg Testprozeduren, wéi bei aneren Impfstoffer, hei net gemaach goufen. Et gouf dozou vill Erklärungen. An awer gesi mer eis confirméiert, an dat bescht Beispill fir eis Argumentatioun ass dat, wat mer elo erliewe mam AstraZeneca. Iwwerdeems eng Rei Länner d'Impfungen mat AstraZeneca gestoppt hunn oder ageschränkt hunn, beërricht sech d'Lëtzeburger Regierung op den Avis vun der Europäescher Medikamentenagence EMA a fiert monter domadder weider, den Impfstoff ze administréieren. Do froe mir eis awer, firwat hei net de Precautionsprinzip spillt an d'Regierung d'Impfe mam brittesch-schweedeschen Impfstoff net op d'mannst esou laang op Äis leet, bis eenzel Saache gekläert sinn an och méi Klorheet besteet.

Weider stellt sech och déi grouss Fro, wie bei gravéierenden Niewewierkunge vun der Impfung zivilrechtlech responsabel ass. Ass et de Pharmaproduzent selwer oder de Staat oder déi Europäesch Kommissioun, déi d'Impfung zougelooss huet? Mir hätte gär, datt d'Regierung hei zu enger Klärung aktiv bäidréit an dëser wichteger Fro!

Här President, nach ee Wuert zum Impfpass: Fir d'Fräizäitaktivitéiten, wéi zum Beispill fir an e Kino oder an e Restaurant ze goen, däerf eiser Meenung no kee Grénge Pass gefrot ginn. Suerge mécht eis och hei d'Prozedur. Dat proposéiert Dokument vun der EU-Kommissioun soll iwwer e Reglement an de Memberstaaten agefouert ginn an net iwwer eng Direktiv. Dat heescht, datt mer hei an dem nationale Parlament dann net däerfen debattéieren iwwert dëst Dokument a matbestëmmen. Dat ass näischt anescht wéi en neie Bewäis vun der ondemokratescher Struktur vun der EU.

Här President, mir stëmmen haut dëst Gesetz net mat, well mer vun Ufank un als eenzeg Partei bei alle Covidgesetzer konsequent géint d'Verletzung vun de Grondrechter argumentéiert hunn. Fir eis mussen d'Ausgangsspar an all déi aner Agrëffer an eis Grondrechter an an eist Privatliewen opgehewe ginn.

Mir freeën eis och, datt och ewell aner Parteien eis Argumentatioun deels mat iwwerhuelen. Wann déi Parteie wierklech fir de Prinzip si vun de Grondrechter, da solle se och esou stëmmen hei an der Chamber, esou wéi mir dat och als ADR maachen. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Engelen. An den nächsten ageschriwwene



Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Esou, mir sinn elo entre-temps beim 14. Covidgesetz.

(*Brouhaha*)

An, wéi de Marc Baum oft esou seet, mir kommen erëm zesummen a mir schwätzen. Jidderee seet plus ou moins dat selwecht, mat verschiddene Variatiounen, an et ass quasi zu engem Ritual ginn. Mir wollte fir e bëssen Ofwiesslung suergen an der Lénker. An zur Ofwiesslung schwätzen ech emol amplaz de Marc Baum. Et huet awer manner domadder ze dinn, datt mer fir Ofwiesslung wollte suergen, mee de Kolleeg Marc Baum ass eeben och positiv getest ginn, ...

(*Brouhaha*)

... well seng Frëndin sech och op der Aarbecht ugestach huet. En huet awer guer näischt, keng Symptomer. Maacht lech keng Suergen! Deen ass haart. De Covid, deen traut sech net esou richteg un en. Tant mieux! An ech wënschen him dann natierlech awer, esou séier wéi méiglech nees bei eis ze sinn, an natierlech och der Gesondheetsministes, déi haut och net bei eis ka sinn. Et huet net direkt mam Covid ze dinn, vläicht e bëssen indirekt, well dee kann och vill un d'Substanz goen.

Här President, de Premier sot virun enger Woch, et géif elo drëms goen, Symboler ze setzen an dofir kéinten d'Bistroen oder d'Restaurants ënner strikte Bedéngungen hir Terrassen dagsiwwer bis 18.00 Auer erëm opmaachen.

Do muss ee sech awer eng Partie Froe stellen. Wärend Wochen a Méint krute mer erzielt, mir misste strengstens op d'Zuele kucken: d'Zuele vun den Neiinfektiounen, d'Zuele vun den R-Wärter a virun allem d'Zuele vun den Hospitalisatiounen. A mir stelle fest, datt dës Zuelen net an eng gutt Richtung ginn. Besonnesch d'Zuele vun den Hospitalisatiounen maachen engem seriö Suergen.

Gläichzäiteg wëlle mer awer alleguerten nees eist Liewen zrëck, eist soziaalt a gesellschaftlecht Liewen. Aus deem Widdersproch u sech mécht d'Regierung also eng symbolesch Ouverture: iergendwéi kënnen d'Terrassen zäitweis opgoen, awer esou, datt mer net wierklech nees e Liewen hunn. Ob dat opgeet, wësse mer net.

Mir wëssen net, ob domadder wierklech dem Horeca-Secteur gehollef ass, well déi, déi opmaachen, riskéiere souguer, finanziell ze verléieren. Ech hunn elo och grad gelies op rtl.lu, et ass eng Maniff fir muer ugekënnegt, mengen ech, um Knuedler um 16.00 Auer, vun enger Partie Cafetieren. An ee vun hire Porte-parollen huet gesot, u sech hätte se vläicht léiwer gehat, entweeder ganz opmaachen - bon dat ass hir Meenung - oder da guer net opmaachen an nach weider waarden, bis et wierklech besser gëtt. An ech mengen, esou eng Positioun mécht och iergendwéi Sënn.

Mir wëssen also net, ob déi Symbolpolitik vun der Regierung eis do wierklech weiderbréngt. Mir sinn awer frou driwwer, datt d'Chamber et fäerdegbruecht huet an eng onsënneg Bestëmmung iwwer e Register, dee Bistrotieren, Restaurateure sollte féieren, ofgeschaaft gouf. A mir stellen a Fro, ob esou Register jeemools kéint effikass dozou bäidroen, den Tracing - well dorëm geet et jo och - effikass ze erlichteren. D'Beispiller an eisen Nopeschlänner weisen éischter an eng aner Richtung.

Mee virun allem, de Register, wéi d'Regierung e virgeschloen hat, huet strictement kee Sënn gemaach. Bei maximal enger weiderer Persoun um Dësch an Distanz tëscht den Dëscher wier den Notze vun esou engem Register géint null gewiescht. Souguer bei engem positive Fall hätt ee keen Noper kënnen tracen, a Quarantän setzen, well d'Distanzreegelen erfëllt waren. Derbäi ass komm, datt de Register net emol eng Auerzäit festgestallt hätt oder den Dësch. Dat heescht, d'Tracingekipp aus der Santé hätt bei engem positive Fall ondifferenzéiert deemno wéi 100 oder 200 Leit misse kontaktéieren, déi während deem Dag op enger bestëmmter Terrass gewiescht wieren. D'Decisioun, fir de Register aus dem Projet de loi erauszehuelen, war eng richteg, well en, ënnert deene Konditiounen, näischt genotzt, awer jiddereen emmerdéiert hätt, fir et emol esou ze soen.

An eng aner Saach, mat den Terrassen ... Also wéi gesot, ech hunn haut och, an dat ass rar, en enger Santéskommissioun kënnen deelhuelen, well ech mech fir haut de Mëtten och wollt awer e bësse virbereeden. Am Prinzip erzielt mer de Kolleeg Marc Baum ëmmer e bëssen, wat do ofleeft. An en huet mer oft erzielt, wéi heiansdo juristesche komesch Geschichte geschitt sinn, wou ee sech souguer - weeder hien nach ech si Juristen -, mee wou ee sech souguer eng Kéier freet: Wéi kann dat nëmme geschéien? Im Eifer des Gefechts, ganz am Ufank virun engem Joer konnt een dat novollzéien. Elo, ee Joer drop, fänkt et un, e bësse komesch ze ginn - den Här Wiseler ass schonn drop agaangen, en huet jo och d'Fro nach haut gestallt -, an et muss ee

sech awer wierklech d'Fro stellen, wat dat elo be-deit, datt u sech Responsabeler vu Bistroen, wa se eeben eng Clientèle hu mat méi wéi zwee Leit, déi sech do un en Dësch setzen, müssen derfir suergen erauszefannen, ob déi Leit am selwechte Stot liewen. Si däerfen dat awer net. Laut Gesetz däerfe se dat net. Si kënnen awer trotzdeem geklaakt ginn, wann duerno d'Polizei kënnt an dat constatéiert.

Ech weess net, a wat fir enger alternativer Welt esou juristesche Prinzipie kënn gëllen. Ech fannen et e bësse komesch heiansdo: Engersäits kréie Polizisten, wéi an der Stad zum Beispill ..., hir Aarbecht gëtt ersat duerch privat Organisatiounen, da kréie se u sech Saachen ewechgeholl, an elo musse Poliziste Jurist spillen. Ech wéilt net an hirer Haut sinn. Ech wéilt awer och net an der Haut si vum Bistrotier, vum Restaurateur, dee vläicht och nach duerno kéint Sträit kréie mat enger Stammclientèle a soen: „Hei, du muss awer goen“, an esou weider, „dat geet elo net.“ Wie weess ...? An éierlech gesot, ech froe mech iwwerhaupt, wann e Restaurateur dann esou eng Amende géif kréien, also ech weess net, ech géif se vläicht emol guer net bezuelen an et drop ukomme loossen. Well deen, dee wierklech dat Gesetz da misst interpretéieren, dat ass dann e Geriicht. An ech wier gespaant ze gesinn, wéi dat géif ausgoen. Ech verstinn déi Saachen net.

Här President, ech hat ugefaange mat der Symbolpolitik vun der Regierung, déi si selwer an d'Vitruin gestallt huet. Mee mir hunn awer wierklech e richtege Malaise domadder. An et huet een och e bëssen den Androck, datt et eng Aarbechtsopdeeling an der Regierung gëtt, esou: D'Madam Lenert hält déi néideg Moossnamen als Santéministes, déi kann een diskutéieren - heiansdo ass een averstanen, heiansdo net -, mee eeben néideg Moossnamen, déi oft kengem Pleséier maachen, mir och net. An duerno gëtt et eng aner Aarbechtsopdeeling, een Deel am Familjeministère, do gëtt gesot: „Mir sinn irresponsabel.“ An duerno kënnt de Staatsminister an hie kënnt mat de Bonbonen an e seet: „Mir maachen elo d'Terrassen e bëssen op.“ Warscheinlech well en och deen een oder deen anere Sondage gekuckt huet, deen dat bewisen huet. Ech weess net, ob dat eng seriö Politik ass. Ech weess och net, ob dat solidaresch ass mat der Gesondheetsministes. Well ech mengen net, datt déi Iddi an der Villa Louvigny entstanen ass.

Mir fannen dat inakzeptabel, datt weiderhin awer och komplett onsënneg a liberticid Bestëmmunge wéi de Couvre-feu en place sinn an d'Regierung zümt duerno erëm esou ronderëm eng Pseudoouverture vun den Terrassen. Mir fannen et och inakzeptabel, datt déi ganz Populatioun zanter elo sechs Méint nuets doheem agespaart gëtt a gläichzäiteg iwwer Ouverturë geschwat gëtt, déi reng Symbolpolitik sinn. Eng Regierung soll keng Symbolpolitik maachen. Dofir si Kierchen zoustänneg a Wierklechkeet. Da soll een eng aner Karriär aschloen.

(*Brouhaha*)

An en plus ass et e schlecht Symbol, menge mer och nach. Et gëtt e schlecht Signal!

Mee déi éischt a fundamentaalst Fräiheet, déi de Leit gehéiert, ass, fir sech no eelef Auer kënnen nach fräi ze beweegen, ouni ze riskéieren, vun der Police protokolléiert ze ginn. Dat ass déi éischt Fräiheet, déi mer missten erëm zrëckkréien, well se eis jo alleguerten, also de Leit, gehéiert an d'Regierung sech emol net d'Méi gëtt, dat ze begrënnen. Well et ass ineffikass. A Frankräich hu se de Couvre-feu ab 18.00 Auer an d'Zuele waren ni besser wéi zu Lëtzebuerg. A si fuere weider. Well dem Macron seng Regierung mécht och ganz komesch Saachen. Also dee Couvre-feu funktionéiert net an ass op jiddwer Fall net an deem Sënn ze applizéieren.

Här President, als Lénk hu mer eis dofir och ëmmer agesat fir Mesuren, déi d'Leit effikass schützen, awer hir Grondfräiheeten erhalen. Dofir si mer weiderhi géint dee Couvre-feu. Mir verlaangen awer méi streng a verbindlech Reegelen op der Aarbecht, am ëffentlechen Transport, an der Schoul. An net nëmme Reegelen, mee och Offere wéi Gelen, wéi Loffilteren an esou weider an esou virun.

Dës Regierung mécht nämlech virun allem eng Individualiséierung vun der Responsabilitéit a verseet do, wou mer eng demokratesch ëffentlech Hand bräichten, déi kloer, proportionéiert a verbindlech novollzéibar Reegele festleet. De Kampf géint de Corona gëtt quasi elo zur Privatsaach deklaréiert. Et ass jidder-een Einzelne responsabel, mee d'Kollektivitéit zitt sech zrëck, souguer do, wou se per Gesetz direkt an der Verantwortung ass.

An da kommen ech nach zum leschte Punkt, Här President, deen eis alleguerten an deene leschte Woche just de Mond opstoe gelooss huet: d'Entwécklung an den Alters- a Fleegestrukturen, an dem Logement encadré, déi vill Clusteren, déi et do gëtt a leider och déi vill Doudeger, déi dës Clusteren mat sech bruecht hunn.

Mir wäerten herno nach d'Méiglechkeet hunn, am Detail dorobber anzegoen. Elo just esou vill: Mir

kënnen als Lénk net novollzéien, datt déi allgemeng Coronareegelen, déi zum Zil hunn, virun allem déi Vulnerabel an Eeler ze schützen, an der ganzer Gesellschaft müssen applizéiert ginn, just net an deene Strukturen, wou déi eeler Leit liewen. Mir verstinn net, datt iwwerall Restaurants zou sinn, fir Infektiounen ze vermeiden, just net an den Alters- a Fleegeheemer. An dat si keng WGen.

Här President, mir hunn an deene vergaangene Méint ëmmer nees iwwert d'Kohärenz an d'Effikassitéit vun deene Mesuren diskutéiert, déi hei an dësem Gesetz stinn. Mee wann déi Mesuren awer scheinbar net gëllen oder net agehale ginn, do, wou et am dréngendsten néideg ass, dann hu mer awer e grave Problem hei am Land.

Här President, nach zuallerlescht, ech kann dat och net méi héieren, dat Argument: „Et ass schwéier, eng Léisung ze fannen. Et gëtt keng Léisung. Et ass normal, datt ee sech iert“, an esou weider an esou virun. Kee mécht et gutt. Kee mécht et perfekt, datt ass richtig. Mee et ass net wouer, an et gëtt awer Méiglechkeeten, Saache besser ze maachen! Et gëtt Länner, déi et besser am Grëff hunn, ugefaange mat de Vaccinen, dat wollt ech awer nach eng Kéier soen: Wa Kontrakter ausgehandelt ginn, dat war d'EU-Kommissioun, mee ech mengen, d'Regierung kënnen do matschwätzen an hätte sollen do matschwätzen.

(*Interruption par la présidence*)

Wa Kontrakter ausgehandelt ginn an d'Pharmaindustrie kritt emol keng Obligation de résultat opgezongen, dārf ee sech duerno net wonneren, datt déi Pharmaindustrie, just fir Profitter ze maachen, hir Vaccinen een-, zwee-, dräimol weiderverkeeft an egal wat mécht, ...

(*Interruption par la présidence*)

... dann ass dat eng grav Responsabilitéit natierlech vun der Madam von der Leyen, mee ech mengen och fir déi Regierungen, déi sech net aktiv dofir agesat hätten. An ech mengen, dat hätt jidderee kënn richteg negociéieren.

(*Interruption par la présidence*)

Ceci étant dit, mir wäerte géint dëse Projet de loi stëmmen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Frëijoer ass do, d'Sonn weist sech e bësse méi oft an d'Terrasse sollen nees opgoen. Esou kéint een dat haut resuméieren.

Mir Piraten begrëissen d'Entscheidung, dem Horeca d'Méiglechkeet ze ginn, Clienten ze zerwéieren, an dat op den Terrassen, wou sech de Virus manifestement an der frëscher Loft an och bei steigenden Temperaturen - dat gouf jo och schonn nogewisen - manner séier verbreet wéi an zouene Raim. Och d'Entscheidung, d'Öffnungszäiten an enger éischter Phas nach e weéneeg anzeschränken an op sechs Auer ze limitéieren, fanne mer duerchaus akzeptabel, gëtt se engem dach d'Méiglechkeet, den Impakt vun der Lockerung an de kommende Wochen als Éischt ze evaluéieren, ier een dann hoffentlech méi laang Öffnungszäite ka virgesinn.

Wann d'Hygiënesmesuren op den Terrassen agehale ginn, dat heescht, d'Distanz respektéiert ginn, d'Leit hir Masken droen, wa se sech déplacéieren, dann ass den Infektiounsrisiko ganz reduzéiert. Mir hunn also hei eng Chance, de Mënschen an enger Phas vun der Kris, an där bei villen de Rimm esou lues awer wierklech erofhänkt an déi psychologesch Konsequenzen ëmmer méi däitlech ginn, kuerz Auszäite mat e weéneeg, enger Grëtz méi Normalitéit op den Terrasse bidden ze kënnen.

Mee, an dat muss ech awer och an aller Däitlechkeet soen, eis aktuell Infektiounszele sinn net gutt. D'Bedéngungen, déi op enger Terrass am Géigesaz zu engem zouene Raum gi sinn, erlaben eis et, dës Ouverture ze maachen, trotz eisen Zuelen an net weinst hinnen.

A genee dat ass dee kriddelege Punkt vun dësem Gesetz, dat all puer Wochen ad hoc ugepasst gëtt an nach ëmmer net duerch e Gesetz mat kloer Stufen ersat ginn ass. Et ass eng kloer Tendenz no uewen ze erkenne bei den Infektiounszuelen a bei den Zuele vun den Hospitaliséierten an de Spideeler. An trotzdeem kënnt elo eng Ouverture. Dat kann d'Leit duerjernee maachen a se gleewe loossen, datt d'Situatioun sech verbessere géif an dofir d'Terrassen erëm géifen opgoen.

An engem Gesetz, wat awer méi nuanciéiert wär, kéinten d'Leit vill méi däitlech gesinn, datt eng Ouverture vun den Terrassen ab gewëssen Temperaturen och an zimmlech schlechte Phase scho kéint envisagéiert ginn, well et eebe baussen anescht ass wéi bannen. Esou kéimen d'Leit net esou séier op d'Iddi, d'Ouverture vun der Terrass mat enger däitlecher Verbesserung vun der Gesamtsituatioun ze verwiesselen, a géifen net Gefor lafen, lues a lues manner gutt opzepassen. Ben, ge-

nee dat gëllt et selbstverständlech strengstens ze verhënnern.

An Här President, ier ech elo op déi méi kritesche Punkten zum Projet de loi aginn, wollt ech lech hei eng Demande fir e Vote séparé virleeën, fir den Artikel 2, dat ass d'Ouverture vun den Terrassen, separat ofstëmmen ze loossen, ënnerschriwwen vun alle Fraktiounen heibannen.

(*M. Sven Clement dépose une demande de vote séparé sur l'article 2 du projet de loi 7795.*)

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Dofir dann och e Merci u jiddwereen, deen dat ënnerstëtzt huet. Et ass nun emol esou, datt eise Reglement virgesäit, datt fënnef Leit dat müssen ënnerschreiwen. Mir hunn et dann hei an dësem Fall op e puer méi bruecht, wat ech definitiv begrëissen, well et eng Nuanciéierung och vun den Aussoen hei op der Tribün zouléisst.

Komme mer zu deem méi Negativen. Komme mer zu deem Gepuzzles, wat mer hei maachen, well, an dat mierkt ee jo, mir sinn hei an engem Puzzlegesetz. Mir sinn an engem Gesetz, wou reegelméisseg erëm Saache probéiert gëtt, Saachen dranzeschreiwen, déi net ganz gutt duerchduecht sinn, déi heiansdo souguer schlecht duerchduecht sinn. An do kënnt mer dann awer direkt deen ominéise Regëster an de Kapp.

Bon, wann ech vun der Ouverture vun den Terrasse geschwat hunn, da bleift just nach de Regëster fir ze kritiséieren, well duerno, all de Rescht, dat ass u sech schéi verstoppt einfach eng Verlängerung vun all de Mesuren, déi mer hei schonn x-mol kritiséiert hunn.

Dat heescht, de Regëster: Dee Regëster sollt - an dat hunn ech u sech begrëisst - ganz dateschutzkonform ganz weéneeg Donnéeën erhiewen. De Problem war, si waren esou wäit gaangen an der Dateschutzkonformitéit, datt se déi wierklech relevant Donnéeën net wollten erhiewen, nämlech: Wou sëtzt een a wéini war een am Restaurant? Ouni déi Donnéeë konnt een awer natierlech keen Tracing maachen.

An ech hu mer och ëmmer d'Fro gestallt, wann een nëmme mat enger Persoun, déi net am Haushalt wunnt, dārf op eng Terrass goen an den Tracing nëmmen 48 Stonnen zrëckgeet, wéi een da kéint an deenen 48 Stonne vergiessen, mat wiem een alles op enger Terrass war. Dat heescht, et huet een der Tracingekipp warscheinlech um Telefon scho gesot, mat wiem een do souz, ier een iwwerhaupt dee Regëster do weiderginn huet.

Soit, et ass gutt, datt dëse Regëster gestrach gouf. Et ass gutt, datt en erausgehall gouf, well spéitstens mam Avis vun der CNPD war kloer, datt de Regëster och net exploitabel gewiescht wär, well déi Donnéeën, déi erhuewe sollte ginn, wäer guer net méiglech gewiescht ze benotzen, well d'Transmissioun un d'Santé just bei engem Contact à haut risque hätt dierfe gemaach ginn. A mir wëssen alleguerten, déi eenzeg, déi e Contact à haut risque duerstellen - esou laang kenne mer d'Gesetz elo mëttlerweil -, dat sinn déi Leit, mat deenen ee 15 Minutten ouni Mask en direkte Kontakt mat manner wéi zwee Meter Distanz hat. An dat ass einfach nëmme fir deen de Fall, dee vis-à-vis vun engem um Dësch souz.

Bref, et ass gestrach ginn an et huet gewisen, datt d'Kommissiounsarbecht fonctionéiert, datt eenzel Deputéiert ... An ech soen do, jo, ech war do een dovunner, mee et waren awer och eng ganz Rëtsch aner Kolleeginnen a Kolleegen dobäi, déi dat hei kritesch gesinn, souwuel vun der Oppositioun wéi vun der Majoritéit.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Dat ass dat, wat ech ëmmer soen!

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer haut dovou schwätzen, d'Terrassen nees opzemaachen, an dovun, wat fir Konsequenzen dat och fir de mentalen Aspekt huet, dārf mer awer och net déi Leit vergiessen, fir déi dës Ouverture guer näischt ännert: déi Leit, déi sech et guer net leeschte kënnen, sech op eng Terrass ze sëtzen.

Fir vill Leit besteet d'Liewen nämlech - net eréischt säit dem Covid - just doran, ze schaffen an doheem ze sinn. Fir vill Leit war et och virun de gesetzleche Restriktiounen net méiglech, an de Restaurant, an de Kino oder op e Concert ze goen. Net well e Gesetz hinnen et verbueden hat, mee well de Kontostand hinnen et verbueden huet. D'Suen hu gefeelt.

Ech hoffen, datt eis dës Kris méi sensibel fir Leit an dëse Situatiounen gemaach huet. An ech hoffen, datt d'Regierungsmembere sech verhole wäerten, wéi si sech an dëser Kris gefillt hunn, wéi hiert Liewe sech ëmmer méi nach just ëm d'Aarbecht an déi eege véier Wänn gedréint huet a wéi se sech duinn drop gefreet hunn, nees e Gliessen an der Sonn drénken ze kënnen, wat mer jo dann elo gläich erëm kënnen.



Ech hoffen, datt sech dëst Gefill verhale gëtt, wann déi nächste Kéier doriwwer geschwat gëtt, datt de Mindestloun ëmmer nach ënnert der Aarmutsrisikogrenz läit an datt d'Steierreform fir Wittfraen, Wittmänner an Elengerzéiend ëmmer nach op sech waarde léisst.

Et gëtt vill Leit, déi wéinst hirer finanzieller Situatioun an enger Aart konstantem Lockdown liewe mussen. A mir däerfen dat net vergiessen!

Genee wéi mer och déi Eelst a Vulnerabelst aus eiser Gesellschaft, déi heefeg an den Alterssidentencen net méi wierklech um gemeinschaftleche Liewen deelhuelen, net vergiessen däerfen. Déi lescht Wochen hunn eis op eng schrecklech Aart a Weis nees virun EA geféiert, wéi vulnerabel den drëtten Alter en face vum Covid ass. Konkreet Fäll vun Haiser, an deene vill Mënschen hiert Liewen hu misse loossen, goufen ëffentlech beschwat - an hoffentlech wäert eng wierklech onofhängeg Enquête an dësen Dossieren zäitno nach méi Liicht an d'Donkelt bréngen!

Fir datt et an Zukunft awer net méi soll zu esou no-dréiglechen Evaluatiounen vu sanitäre Mesurë kommen, déi an engem Altersheem oder engem Logement encadré geholl goufen, hunn ech haut eng Proposition de loi deposéiert, déi virgesäit, datt d'Strukture fir eeler Leit mussen hir Protocoles sanitaires vun der Direktioun vun der Santé validéiere loossen.

Bis elo gesäit d'Gesetz nämlech dës Pflicht just fir d'Grande-surfacé vir, déi eigentlech op vill manner Hygiënemoosssnamen oppasse mussen. Dat soll duerch meng Proposition de loi geännert ginn, déi och virgesäit, datt all Haus muss e Konzept hunn, fir am Noutfall e Cohortage kënnen ze maachen, sief et am Haus oder vläicht an Zesummenaarbecht mat der Gemeng an engem anere Gebai.

Déi lescht Wochen hu gewisen, wat fir schlëmm Konsequenzen et kann hunn, wann de Virus sech an der Population ägée ausbreede kann. An d'Politik kann hei net einfach weider hir Responsabilitéiten ignoréieren an op den Terrain ofdrécken.

Ech weess, datt all d'Haiser grouss Efforte gemaach hunn, fir hir Residenten ze schützen. An ech deposéieren dës Proposition de loi och net, well ech mengen, datt d'Alters- a Fleegeheemer ouni e Gesetz, wat hinne virschreift, e Protocole sanitaire ze hunn, keen hätten. Ech denken, datt déi allermeescht e Krisepiang gemaach hunn, och wa se net dozou obligéiert waren. Mee si ware mat dësem Plang bis elo aleng a si hunn duerfir d'Responsabilitéit och aleng gedroen. Dat ass eppes, wat zu villen Onsécherheeten an dann och zu Feeler féiere kann. An dat hu mer gesinn.

Andeems een e Protocole sanitaire virgesäit, dee vun der Santé muss validéiert ginn, garantéiert een, datt am Virus an Zesummenaarbecht tëscht de Gestionnairen an der Santé déi beschte Mesurë geplangt goufe fir den Noutfall. An et hëlt een esou e bëssen den Drock vum Kessel, ënnert deem d'Gestionnairen aleng dës Kris geréiere mussen.

Wann d'Familljeminiestesch sech weider aller Verantwortung entzitt, muss ee sech net wonneren, wann um Terrain Feeler geschéien. Wann d'Regierung net wëllt aktiv ginn, da muss d'Chamber dat maachen. Ech hoffen, datt mer an de kommende Wochen an de Kommissiounen un dëser Proposition de loi kënnen schaffen, datt mer se zu engem Konsens kënnen ausbauen, deem an nächste Covidgesetz Enn Abrëll kann agebaut ginn.

Mir müssen déi eeler Populatioun schützen, an dofir muss d'Regierung sech hei beweegen. Ech verstinn an dësem Kontext och net, wéi ech op meng parlamentaresch Fro d'Äntwert kréie konnt, datt Mataarbechter vun de privaten Ambulanzen net géife prioritär geimpft ginn. Wie féiert dann déi eeler Leit, wa se krank sinn, op hire Rendez-vous bei den Dokter? De CGDIS - déi, déi geimpft sinn, dat ass ganz positiv -, dee kënnt just am Noutfall. Esou wéi ronderëm d'Spidol e Cordon sanitaire gezu gouf, misst een och hei ee ronderëm eis eeler Populatioun maachen.

Här President, ech kommen esou lues zum Schluss, net ouni awer nach op déi Studie, déi haut schonn e puermol zitëiert gouf, anzegoen, nämlech déi, déi en Effekt vum Couvre-feu gesäit. Jo, et gëtt en Effekt. Déi 13 % wëll ech awer emol relativéieren, well déi 13 %, dat ass d'Moyenne vun allen Effekter, déi se observéiere konnten. Et geet éischter vu 5 % Effekt bis 20 %, mat hirem Duerchschnitt vun 13 %. Et muss ee sech also d'Fro stellen, wou dann éischter 5 % stattfannen a wou éischter 20 %.

Da kéint ee vläicht ganz laienhaft, ouni ganz gutt an der Statistik ze sinn, dovunner ausgoen, datt an deene Länner, wou ee méi strikten, méi laange Couvre-feu gëllt, den Impakt och warscheinlech e bësse méi grouss ass. Et gi jo méi Prozent vu Beweegungen am Dag limitéiert. Soudatt fir Lëtzebuerg - mat engem awer, trotzdem datt et eng liberticid Mesure ass, nach mat deem liberalaaleste Couvre-feu, deem, dee mir hunn - ee sech d'Fro muss stellen, ob mir net éischter méi no bei 5 % wéi bei 20 % leien. A genau da muss ee sech awer d'Fro stellen, ...

(Interruption par la présidence)

... ob 5 % Reduktioun vum R-Wäert, ob dat déi Aschränkung wäert ass, déi mer hei gemaach hunn.

(Interruption par la présidence)

Här President, ech héieren d'Klack, ech weess, wat et bedeit. Ech kommen zum Schluss.

(Interruption)

Mir wäerten dat - d'Mesuren ze verlängeren - net kënnen matstëmmen, dat hu mer hei schonn e puermol argumentéiert. Mee mir freeën eis awer op de Vote séparé, fir kënnen déi Mesure, fir d'Terrassen opzemaachen, matzedroen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, meng Auer leeft an ech hunn nach kee Wuert gesot! Duerno kréien ech vun der Oppositioun gesot, meng Zäit wier ... A, très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Et war bis elo just d'Oppositioun, déi d'Zäit iwwerschratt huet. Ech stelle fest, ...

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn nach ëmmer net ugefaangen, et leeft awer schonn.

(Hilarité et interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt Merci fir den Debat haut. Ech soen och dem Rapporteur permanent vun de Covidtexter Merci. An erlaabt mer, och dem Parlament Merci ze soen, well esou wéi et virdrun och gesot ginn ass, hu mer am Ausland gesinn, dass, wann eng Regierung probéiert, selwer Saachen eleng ze decidéieren an, dépassant un état de crise, e Parlament net matanzebannen, dat awer och juristescht Risiken huet. An lech duerfir e grouss Merci.

Erlaabt mer awer och, well dat huet hei nach kee gesot, dem Conseil d'État Merci ze soen. Well wann Dir eppes stëmmt, dann hu mer och nach e Conseil d'État, a sauf erreur de ma part ass muer de Moie fir d'Dispens vum zweete Vott dee leschte Conseil d'État och vun der Madamm Durdu als Presidentin. Duerfir erlaabt mer och am Numm vun der Regierung, hir Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi se gemaach huet mat de Memberen am Staatsrot, an dem Christophe Schiltz och als zukünftgem President bonne Chance ze wënschen.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, et ass och ongewéinlech, dass ech haut als Premier hei aleng Stellung huele iwwer en Dossier, deem ech net selwer deposéiert hunn. An ech soen och der Chamber Merci fir d'Verständnis.

Et ass nees eng Modifikatioun vu Covidtexter. Et ass en fait eng Weiderféierung vun deene Mesuren, déi mer déi lescht Méint alleguerte scho kannt hunn. A mir hu leider keen anere Choix.

D'Situatioun imposéiert, dass mer keng Mesurë kënnen komplett ophiewen oder kënnen ofschafen. An et gëtt an dësem Text haut ganz vill iwwer ee Changement geschwat, dat ass deem am Horeca-Beräich, dee jo ënner ganz strenge Konditiounen wäert kënnen verschidden Aktivitéiten hunn.

Mir sinn nämlech der Meenung - an ech wëll dat hei preziséieren, dass dat geschitt ass mat der Santé, mat der Villa Louvigny dann, fir engem Deputéierten et méi prezis ze soen, mat den Experte vun hinnen -, dass dat hei keng gréisser Gefor wier, fir eng Hausse vun Neiinfektiounen auszeléisen, an dass et awer e wichtege Schrëtt wier, e wichtege Schrëtt, an dat hunn och ganz vill Virriedner gesot, och fir déi Professionell am Secteur. A virdrun huet een, ech mengen, et war den Här Engel, gesot, wéi d'Leit op de Bänke setzen! Mee et gesäit een och den Enthusiasmus bei de professionelle Leit, déi sech déi lescht Deeg preparéieren, och wa se vläicht gesinn hunn, an dat hu mer alleguerten och gesinn - a mir si jo fir villes responsabel als Regierung a mir si jo och bereet, Verantwortung ze iwwerhuele, mee fir d'Meteo si mer net zoustänneg -, dass de Risk besteet, dass d'nächst Woch d'Meteo manner gutt ass wéi haut. Mee deen Enthusiasmus, déi Loscht, nees déi Passioun ze kréien, fir nees kënnen unzefänken - däärs muss ee sech bewusst sinn!

Et ass kee vun eis hei concernéiert, mee déi Leit kënnen säit Méint net schaffen! An och wann et wéineg ass, dat Wéinegt gëtt hinnen nees Perspektiven. Et gëtt de Leit nees Loscht, moies opzestoen an nees op d'Aarbechtsplaz ze kommen. An et ass och e wichtege Schratt fir d'Leit, déi säit iwwer engem Joer an enger permanenter Stresssituatioun sinn an och eeben déi kleng Minutte vu Convivia-

litéit, déi kleng Zäit vu Convivialitéit, deen Echange, dee se mat hire Frënn kënnen hunn, och vermësst hunn.

Duerfir huet d'Regierung déi Propos gemaach op Basis vun der Analys vun der aktueller epidemiologescher Situatioun, déi mer, wéi Der et wësst, permanent vu ganz no suivéieren an och permanent analyséieren.

Ech soen awer hei eppes ganz däitlech, Här President, ganz däitlech: Et ass net ausgeschloss, dass mer och zu engem gewëssene Moment an den nächste Wochen oder an den nächste Méint - also ech hoffen net -, mee dass mer an deenen nächste Wochen och méi streng Mesurë mussen huele an derfir suergen, dass d'sozial Kontakter reduzéiert ginn. Dat ass eng Realitéit! A mir sinn nach net derduerch, och wann de Progrès vun der Impfcampagne ... An dee wäert jo och an den nächste Wochen e gréisseren Effekt kënnen weisen, dat gesäit ee jo och un de Courbé vun den Infektiounen.

Déi aktuell Zuele sinn net esou, wéi ee se idealerweis wëllt hunn. Mir hunn haut eng Situatioun, wou d'Neiinfektiounen am Verglach mat der leschter Woch, jo, geklomme sinn: 7,7 %. Mee mir stellen awer zu dësem Zäitpunkt eng lineaire Hausse - och wat den Här Wiseler gesot huet -, eng lineaire Hausse, awer keng exponentiell Hausse fest. An ech géif lech wierklech invitéieren ze kucken, do wou Exponentialitéit ass an deene Länner, wéi d'Situatioun och war.

Mir hunn och déi selwecht Entwécklung an de Spideeler, wou den Taux d'occupation vun de Better sécherlech och an d'Luucht gaangen ass, mee d'Situatioun am Land bleift hei ënner Kontroll. An net méi spéit wéi dës Woch hu mer souguer e Patient aus dem Grand Est opgeholl hei an de Soin-intensiven, eeben an deem Sënn vu Solidaritéit, déi mer och hu mat onsen Noperen.

An eis Situatioun an de Spideeler ass eng aner! Wa mer haut d'Situatioun kucken, leie mer ënner 35 % Taux d'occupation, wou déi meescht wäit iwwer 50 % scho sinn. A mir hunn dës le départ gesot, dass dat déi Zuel ass, déi wierklech awer och ganz, ganz wichteg ass. Mir gesinn och, dass an Däitschland d'Situatioun an de Spideeler schwéier ginn ass. A mir hunn och eng Demande vun eise belsche Kollegee kritt, ob mer bereet wieren, en cas de besoin och e Patient ze iwwerhuele. An dat kéinte mer am Moment och packen.

Mir müssen awer verschidden Indicateure kucken. Fir d'éischt d'Tester: Mir testen, mir testen, mir testen, a mir testen et weider. A wann een d'Zuel vun den Tester kuckt, ass déi och eropgaangen. Ech mengen, dass dat villt Testen eeben eis och op ville Fronten de Réck fräihält. Mir hunn doduerch nämlech eng méi prezis Vue a keng schwaarz Zuelen, déi ee vläicht an anere Länner huet, well eebe wéineg getest gëtt.

Dann de Contacttracing, deem ass an de leschten zwou Woche wierklech an d'Luucht gaangen an de Prozentsaz louch bei 60 %, wat ganz vill ass, mee wat eis awer erlaabt, duerch dee Contacttracing, dass mer d'Leit esou fréi wéi méiglech am Fong kënnen isoléieren. An dat weist och, dass d'Situatioun eis et och erlaabt, dass e Contacttracing gutt funktionéiert. An do gëtt eng exemplaresch Aarbecht gemaach, an dat siwen Deeg op siwen an och op Feierdeeg.

D'Inzidenz op d'lescht Woch gekuckt läit bei 269 op 100.000 Awunner, domat leie mer e gutt Stéck ënnert där vun der Belsch a Frankräich. Mir gesi virun allem eng Hausse och bei deenen tëschent 15 an 29. A mir sollen och wëssen, dass do d'sozial Interaktiounen schwéier ze bremse sinn, virun allem mat deem dote Wieder. An ech kommen duerno op dee Punkt zrëck.

Den Taux de positivité ass bei 2,51, e war 2,46 %, also eng ganz liicht Hausse. A bei den Tester op Ordonnance hu mer vu 598 op 567 eng kleng Baisse. Den Taux de reproduction ass vun 1,13 op 1,11 erofgaangen, bei deem mer och ënnert der Belsch: 1,12, Frankräich: 1,21 an och Däitschland: 1,19 leien. Dat ass och encourageant.

D'Zuele sinn och an de Centres de consultation Covid erofgaangen. An d'Evolution an den Alters- a Fleegeheemer: Mir stellen hei am Moment keng exponentiell Hausse fest. A selbstverständlech freeë mer eis alleguerten driwwer, dass mer do keng exponentiell Hausse hunn. An insgesamt bei den Décès sinn 20 Fäll fir d'lescht Woch ze verzechnen. Dat sinn 20 Fäll, déi ze vill sinn. Do si mer eis alleguerten eens. Mee et sinn der aacht manner wéi déi Woch virdrun.

Bei dem Ofwaasser gesi mer och eng liicht Hausse, wou d'lescht Woch eng Baisse war. Dat heescht, dass mer éischter déi lescht Wochen och stabil sinn. D'Varianten, mir sequencéiere ganz vill, a wann ee ganz vill sicht a ganz vill sequencéiert, fënnt een och. A mir mengen, dass dat déi richteg Strategie ass: ze testen an och vill ze sequencéieren, wat eis erlaabt ze gesinn, dass haut mat de Varianten, déi och wäit d'Iwwerhand geholl hunn, och d'Infektiositéit an eeben och d'Pathologie vill

méi héich ass, wéi dat bei deem Virus war, dee mer virdru kannt hunn.

Mir wëssen, an dat muss ee kloer soen, Här President, mat de Vakanzperioden, mat deem Wieder, dat mer déi lescht Deeg haten, dass d'sozial Kontakter do sinn. An d'Leit wëlle sech rassembleieren. D'Leit wëlle sech am Fräien treffen. An do kënnt et och zu sozialen Interaktiounen a meeschens ouni Gestes barrières - ouni, well et kuckt keen! Et ass keen, deen oppasst. Dann huet ee séier d'Interaktiounen vergiess an d'Geste-barrière vergiess. An duerfir ass et duerch d'Opmaache vun den Terrasse souguer, wou mer den Horeca-Milieu als Partner gesinn, wou mir d'Moyene ginn, fir dass do eeben ënner strenge Konditiounen d'sozial Interaktiounen am Fong encadréiert sinn, wat dozou bäidréit, de Risiko vu geféierlechem Verhalen ze ënnerbannen, souwäit dat méiglech ass.

A mir müssen akzeptéieren, dass de Virus och e Bestanddeel ass vun onsem Liewen. Et war gëschter de Fall, et ass haut de Fall an et wäert och an deenen nächste Wochen nach de Fall sinn. Mee dat Wichtigst ass, déi Geste-barrière weider ze respektéieren, e Mask unzedoen, seng Distanzen ze halen an am Fong Raim mat ville Leit, wou net geléft gëtt, ze evitéieren.

Duerfir ass eng streng encadréiert Ouverture ënner strikte Konditiounen, a wa sech net dru gehale gëtt, och mat Sanktiounen, wichteg. An ech brauch net op den Detail anzegoen, vu sechs bis sechs - ech hunn dat och op der Pressekonferenz scho gesot -, zwee pro Dësch et cetera, et cetera, Dir wësst, wéi d'Konditiounen och sinn.

An hei ass et eng Fakultéit opzemaachen! Et ass keng Mussesaach! Mir sinn eis bewusst, dass verschidde Leit de Cacul gemaach hunn: Et rentéiert sech net. Déi brauchen näischt opzemaachen, si verléieren näischt. Si verléieren näischt! Et si Leit do, déi keng Terrass hunn. Ech weess, dass och verschidde Gemengen direkt gekuckt hunn, wéi se kënnen do Léisunge fannen, fir d'Terrassen ze vergrësseren. Mee da kommt, mir sinn dach frou, wann déi Leit, déi nees en Hoffnungsschimmer hunn, kënnen och dat doten opmaachen!

An ech si mer total bewusst, dass mer eng Rëtsch vun anere Reegelen hunn, iwwer Couvre-feu, Limitatioun doheem, Limitatioun vun de Clienten an de Geschäfte, Rassemblementer, Reegelen an der Kultur an am Sport, déi eis alleguerten esou lues op d'Nerve ginn. Mee dat ass eng Realitéit. Mir kënnen eis net erlaben, déi am Moment zrëckzezéien.

Wat och wichteg ass, sinn d'Testcapacitéiten. An déi mussen weider verstärkt ginn. Obwuol d'Impfcampagne hir éischt Friichten dréit, och manner eeler Leit an de Soin-intensiven am Moment sinn, esou ass den Impfstoff leider net d'Garantie, dass mer de Virus endgültig lass sinn. An ech wëll direkt hei zu där Légende urbaine, déi verschidde Leit am Moment probéieren als Realitéit auszeginn, dass, wann ee bis zweemol geimpft ass, guer kee Risiko méi ass, soen, dass dat net richtig ass! Mir hunn um Dag vun haut en Altersheim, wou iwwer 20 Leit, déi viru Méint geimpft gi sinn, nees positiv sinn.

Dowéinst, haalt op, de Leit ze soen, dass deen, dee geimpft ass, dann einfach kee Risiko méi duerstellt fir déi aner! Dat ass eng Realitéit. Déi Leit hunn e Verlaf vun der Krankheet, deem am Moment net schlëmm ass, et geet ..., an dowéinst ass déi Impfung esou wichteg. Mee d'Impfung ass net de Garant, dass ech de Virus net ka weiderginn. A soulaang déi Garantie net vun Doktere bestätegt ginn ass, géif ech wierklech evitéieren, de Leit hei wëlle Poudre de perlimpinpin an d'Aen ze streeën an d'Gefill ze ginn, dass ee mat engem Gréngen Zertifikat - hunn ech op enger Pressekonferenz vun der gréisser Oppositiounspartei gehéiert - dann d'Léisung wier. Dat ass falsch!

Testen, testen, testen! Dat ass d'Realiteit. An duerfir ass fir eis, d'Regierung, wichteg, dass mer eis och bei den Tester, bei de PCRen a bei de Schnelltester déi néideg Moyene ginn.

(Interruptions)

Mir hunn hei..., jo, dowéinst ..., d'Regierung huet Commandé vun Autotester. Ech brauch jo net nach eng Kéier an den Detail ze goen, well hei gëtt jo e bësse mat den Zifferen jongléiert. Ech hunn och en Interview vun der Madamm Hansen dës Woch héieren um 100,7. Si seet: „Jo, si hunn der just 500.000 bestallt.“ Ass falsch!

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Mir hunn anenerhallef Millioun bestallt a 5,9 Millioun bestallt. Mir sinn zouversichtlech, dass mer déi annerhallef Millioun virum Enn vun der Ouschtervakanz geliiwert kréien. Mee ech kann lech hei net garantéieren, well selbstverständlech sinn déi Tester och vill gefrot, mee mir froen, fir déi och geliiwert ze kréien. An déi Liwwerunge wäerte kuerzfristeg a folgenden essentielle Secteure prioritär agesat ginn: Spideeler, COPAS - an d'Frontalieren!

Well et huet kee gefrot ... Wa mer awer vun den Nopeschlänner als Héichrisikogebitt agestuuft ginn, sinn ech frou, wa mer déi Schnelltester hunn, fir eis



ze erlaben, fir deene Leit dann och d'Méiglechkeet ze ginn, fir kënnen op Lëtzebuerg schaffen ze kommen. Dat schéngt hei der Opposition méi egal gewiescht ze sinn. Fir eis net! Dowéinst si Schnelltester och wichteg, an och eeben am Enseignement. Déi Projekte lafen.

Duerfir ass och déi Motioun, déi vum Här Wiseler deposéiert ginn ass, an onsen Ae superfetatoire a muss och net gestëmmt ginn, well mer scho méi wäit sinn am Fong, wéi dat, wat d'Opposition och freet.

Dann e puer Saachen, op déi ech awer muss agoen. Den Här Wiseler seet eis, Irland wier de Modell, dee jo ze suivéiere wier. Ech wëll just drun erënneren, dass Irland säit dem 30. Dezember 2020 am Confinement ass. A wann ech d'Artikele kucken an der Press iwwer Irland vu gëschter, do maache se en Assouplissement, dass se elo den 12. Abrëll de Leit kënnen déi Reglementatioun vu Limitatioun vu 5 Kilometer ewechhuelen an op 20 Kilometer kënnen goen, dass zwee Foyere kënnen beienee kommen, dass Retour complet à l'enseignement à l'école ass, dass ab dem 26. Abrëll och d'Kanner kënnen Sport maachen. Ech si frou, dass mer den irländesche Modell hei net suivéiert hunn an dass mer aner Weeër gaange sinn!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech hu just drop reagiert, datt Dir gesot hutt, dat wär Bullshit. An dorop hunn ech reagiert.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Eng zweet Saach ass ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Premierminister, erlaabt Der, datt d'Madamm Hansen lech eng Fro stellt?

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Wann ech bis fäerdeg sinn. Ech hunn nach zwee Punkten. Well ech komme schonn op d'Froe vun der CSV gären zrëck, fir net gesot ze kréien duerno, ech hätt d'Froen net beäntwert.

Da gëtt hei gemaach, wéi wann d'Regierung géif soen, d'Kommissioun hätt gelappt. Nee, mir hunn dës le départ gesot, dass ouni Europäesch Kommissioun mer vläicht iwwerhaupt guer keng Vaccine kritt hätten. Mee tatsächlech, wa mer haut kucken, wéi d'Producteure vu Vaccine sech behuelen, menge mer, dass deemools, wéi d'Kommissioun och ënner Drock war, fir iwwerhaupt eng Ënnerschrëft ze kréien, et besser gewiescht wier, mir hätten eng Obligation de résultat gehat wéi eng Obligation de moyens mat Zuelen, wéi Der wësst - d'lescht Woch vun AstraZeneca -, wou mer 90 % net geliwwert kritt hunn.

Dowéinst behaupten ech, dass, wa mer haut géife frësch negociéieren, mer selbstverständlech anescht ers géifen negociéieren, wéi dat d'lescht Joer de Fall war. An ech hunn dat Gefill, an ech ginn et net lass, dass verschidde Producteuren hir Vaccinen am Fong e puermol verkaf hunn. Si hunn Europa se verkaf, si hu se a Groussbritannien verkaf an doudsécher nach op anere Plazen, an da kucke se, wien am Kontrakt am Fong am deierste gëtt, wa se sech net drun halen, an da soe se eeben: „Bon, soulaang déi doten nëmme billen an net bäissen, soulaang kënnen mer roueg weidermaachen.“

An dat ass dat, wat ech soen: Wa mer haut wieren, géife mer dat anescht maachen. An ech si mer bewosst, dass ouni d'EU mer doudsécher vläicht haut nach iwwerhaupt keng Vaccinen hätten. Duerfir, d'Plus-value vun der Europäescher Unioun ass do!

Et si Couacken do, et si Couacken do! Mir sinn eis däers och bewosst! Et si Couacken do, well verschidde Leit just AstraZeneca bestallt hunn an déi hunn dann eeben op dat falsch Päerd gesat. Duerfir sinn ech och ganz frou, dass mer et als Regierung fäerdegbruecht haten, e ganze Cocktail vu Vaccinen ze bestellen.

Dann zu Sputnik: Ech bestellen hei keng Zampasta, déi ech einfach ka stockéiere während zwee Joer. Mir hu permanente Kontakt mat de russeschen Autoritéiten, permanente Kontakt. Mir krute vun de russeschen Autoritéite gesot, wéi e misst stockéiert ginn a wéi laang e sech och hält. Ech hunn am Moment keng Garantie, wéini ech vun der EMA oder - a mir gi scho méi wäit - vun enger Agence de médicaments Gréng Luucht kréien. Mir hu keng Agence de médicaments. Mee si schaffen drun am Gesondheetsministère, fir och en Text fäerdeg ze maachen.

Mee elo ze bestellen, mam Risk, dass mer dann ... An ech hat och Gespréicher mat anere Kollegen, déi gesot hunn: „Jo, mee am Moment, mir wëssen net, ob mer solle bestellen oder net bestellen.“ Mir hunn d'Garantie kritt, wa mer se géife bestellen, dass mer se och géife kréien. Dat ass dat, wat fir mech wichteg ass. Mee elo ze bestellen, wou ech weess, dass se eng Durée de validité hu vu sechs Méint, wou ech se géif kréien no engem Mount, wou se dann am Fong nëmme fënnf Méint gutt wieren a wou awer en Delai ass vu bal engem Mount tëschent deem éischen an dem zweete Vaccin, do ass et elo verfréit, fir déi elo schonn ze stockéieren, wa mer de Risk duerno hunn, dass

d'Durée de validité eriwwer ass, ier mer iwwerhaupt kënnen domat impfen.

Duerfir, d'Gespréicher lafe weider mat de russeschen Autoritéiten. Ech hunn lech gesot: Mir hunn hei keng Allergie, fir iwwerhaupt iergenden Impfstoff net wëllen hei op Lëtzebuerg ze kréien. Mir sinn op fir alles, wat validéiert gëtt, mee mir brauchen déi Garantien!

Ech kann net dem Lëtzebuerger soen: „Kuck, dass de geimpft gëss! Mee mir wëssen net, ob s de duerno Sequellen hues.“ Mir hu genuch Geschichte gehat mat AstraZeneca. Mee ech mengen, d'Leit brauche Vertrauen an d'Impfungen, an duerfir ass eng Validatioun duerch eng Instanz och ganz wichteg.

An dann, Här President, ech hu keng Zäit méi, mee ech wollt lech just nach d'Zuel vun de Vaccine soen, déi elo sollte geliwwert ginn. Wann Der averstane sidd, dass ech nach zwou Minutten hunn, da géif ech lech dat soen. Mee wann ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Jo. Proportionell gekuckt hutt Der bis elo d'Zäit nach net méi iwwerschratt wéi den Oppositionsriedner.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Okay, dann ass et gutt. Merci, Här Wiseler, d'nächst Kéier maacht och weider, dann hunn ech e bësse méi Zäit.

(*Interruption*)

Also: Bis den 31. Mäerz sinn 130.620 Dosen Impfstoff op Lëtzebuerg geliwwert ginn. Dëst sinn also Vaccine fir 65.310 Leit. Vu Pfizer si 85.020 Dose geliwwert ginn, vun AstraZeneca 31.200 a vu Moderna 14.400.

Bis gëschter Owend konnten 73.152 Leit mat der éischter Dosis an 22.505 mat der zweeter Dosis geimpft ginn. Domadder hu mir bis elo zu Lëtzebuerg 95.657 Dose benotzt, dat heescht, ongeféier 74 % vun den Dose versprézt. Ech wëll dat direkt soen: 74%. Mir hate jo gesot, mir kéinte bis op 75 % eropgoen. Dat heescht, mir si ganz no bäi.

Am Ganze krute mir vun den Hiersteller fir d'Zukunft follgend Liwwerungen annoncéiert: Bis Enn Juni géife mer vu Pfizer nach 260.910 Dose kréien. Vun AstraZeneca géife mer 41.070 Dose bis Enn Abrëll kréien. Vu Moderna géife mer 7.200 Dose kréien. A vum Vaccin vun Johnson géife mer 4.800 Dose kréien - Johnson, net ze vergiessen, do braucht Der jo net duerch zwee ze deelen. Dat ass e „one shot“, dat ass schonn e „game changer“ wann dee kënnt. Mee leider sinn déi Zuelen esou, wéi se sinn.

Dat doten ass dat, wat mer am Moment garantéiert kritt hunn. Dir gesitt, bei deem enge soen ech Juni. Dat ass dat, wat mer och schonn an e puer Diskussiounen haten, dass mer bei Pfizer am Fong méi Garantien hunn, well do och de Respekt vun den Délais de livraison meeschtens ginn ass, déi och agehale ginn, an dowéinst, well déi aner sech och limitéiere vläicht bis Enn Abrëll, well se och net wëssen, wéi Mee a Juni wäerten ausgesinn.

Dat heescht, mir hu ronn 34.000 Vaccinen am Stock. Et sinn dovunner 19.000 Vaccinen, déi als zweet Dos benotzt ginn. Dat heescht, déi muss een dann ewechhuelen, well mir musse jo och déi zweet Dos kënnen garantéiere fir déi Leit, déi déi och brauchen. An da bleiwen ongeféier eng 15.000 Rendezvous, déi fir déi nächst Wochen, déi nächst Woch an nächst Wochen, och sollte geholl ginn. Dat heescht, dat sinn der am Moment schonn 11.382, déi geholl gi sinn - dat war elo de Mëtteg de Fall -, an nach eng Kéier 3.500, déi op si fir déi nächst Deeg. Mee dat heescht, dass mer op null wäerte kommen - nach eng Kéier, just fir ze erklären, dass alles, wat geliwwert gëtt, och verbraucht gëtt.

Et ass net de Manque vu Ressourcen, et ass net e Manque vu Plazen, et ass e Manque vu Material, vu Stoff, dee mer bräichten. Muer wäerten och déi lescht Leit aus der Alterstranche vu 65 bis 69 Joer invitéiert ginn. A mir sinn zouversichtlech, fir am Laf vun der nächster Woch och déi éischt Invitatioun fir d'Phas 5 kënnen ze verschécken, wat mengen ech och wichteg ass.

Den Taux de participation läit bei de Leit iwwer 70 Joer bei gudder 76,2 %. An de globalen Taux de participation läit zanter dem Ufank vun der Impfcampagne, wa mer dann alles matenee rechnen - ech hu jo déi eng do iwwer 70 -, dat heescht, och Professioneller an alles, bei ongeféier 69 %, mat méi héijer a méi niddreger Participatioun.

Voilà. Här President, ech soen op jidde Fall all den Deputéierte Merci, déi dësen Text och haut stëmmen. Fir eis ass et wierklech, an ech hunn et och op der Pressekonferenz gesot, fir „le plus petit pas, le plus petit pas vers un peu de normalité“ eis kënnen ze leeschten. Et wier hypokritesch ze mengen, dass ..., an et ass och gesot ginn, mir hätten alles richteg ... Neel! Här President, et huet kee vun eiser Regierung bis elo gesot, dass eng Regierung nach ni e Feeler gemaach huet! Wann een hei e Geheimrezept huet, e Patent, wéi et soll goen, da soll en dat verkafen, da wier e räich, a weltwäit ganz räich ginn.

(*Interruption*)

Hei sinn Informatiounen, déi een all Dag nei kritt. Et si Constaten, déi all Dag gemaach ginn. Et muss een op där enger Säit de sanitäre Punkt kucken, et muss een de psychiatresche Punkt kucken, den ekonomesche Punkt kucken, de soziale Punkt kucken. An d'Kolateraleffekter vun enger Kris dierfen net nach vill Joren daueren, wann eng Kris bis eriwwer ass!

Duerfir merci fir d'Vertrauen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Premier- a Staatsminister. An direkt geet d'Wuert un d'Madamm Martine Hansen fir Parole après ministre.

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Jo, merci, Här President. Ech loosse mer u sech net gäre falsch Wieder an de Mond leeën. Ech hat net gesot, et wäeren nëmme 500.000 Tester bestallt ginn, mee ech hu gesot: „Et si 500.000 Tester bestallt gi fir d'Schoul.“ An „Fir d'Schoul“, hunn ech gesot, „geet dat ganz genau duer, wann een zweemol an der Woch test, fir zwou Wochen.“ A wann Dir dann elo sot, Dir wäert elo méi wäit wéi mir, da verstinn ech dat definitiv net, well mir soen, mir musse regelméisseg op d'mannst zwee Tester d'Woch maachen.

Dann hutt Der gesot, 1,5 Milliounen wäeren am Ganze bestallt. An och do hu mer gesot: „Dat geet bei Wäitem net duer!“ Mir brauchen zwee Tester fir jiddwereen. An da komme mer domat ganz genau annerhallef Woch laang. An ech hoffe jo wierklech, datt d'Regierung méi wäit denkt an am Viraus plangt wéi annerhallef Woch hei an där Pandemie! Dat geet definitiv net duer! Mir brauchen op d'mannst 50 Milliounen Tester. Dat heescht, 1,5 Milliounen Tester, do kéint ee wierklech denken, do wäeren e puer Nulle vergiess ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Madamm Hansen. An ech ginn d'Wuert direkt zrëck un de Premierminister.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Ech hu kee Besoin, drop ze äntweren. Ech hunn lech gesot, wivill mer der bestallt hunn. Mir si wäit iwwert där annerhallwer Millioun. Dowéinst also, dat ass en Dialogue de sours.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kéimen dann elo zum Ofstëmmen. Et ass gefrot ginn, den Artikel 48 vum Chambersreglement geltend ze maachen an e Vote séparé iwwert den Artikel 2 ze maachen. Mir mussen dann eenzel iwwert dësen Artikel ofstëmmen.

Vote séparé sur l'article 2 du projet de loi 7795

Da stellen ech d'Fro, wien d'accord ass mat dem Artikel 2 vum Projet de loi. Dee soll mat Jo ofstëmmen.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(**Appel nominal pour votes par procuration**)

Domadder ginn et 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen. Domat ass den Artikel 2 ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. Charles Margue), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert dee ganze Projet. Den Text steet am Document parlementaire 7795¹⁰.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7795 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(**Appel nominal pour votes par procuration**)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 31 Jo-Stëmmen an 29 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi vum Här Claude Wiseler deposéiert ginn ass, iwwer eng transparent Strategie fir d'Schnelltester.

An da géif ech direkt d'Wuert un den Auteur vun der Motioun ginn, den Här Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Ech hu mat Satisfaktioun héieren, datt de Staatsminister gesot huet, déi Motioun wär superfetatoire, well d'Regierung dat alles scho gemaach hätt a méi wäit géif goen. An dat freet mech.

Mee ech wëll awer just rappeléieren, wat dat dann heescht. Dat heescht, datt d'Regierung elo déi nécessaire Logistik mécht, fir all déi Tester ze realiséieren. Dat heescht, datt mer elo en nationale Réseau kréien, fir déi Test-rapiden ze maachen, mat enger Rei Statiounen an Equipe-mobilien, fir rapid Tester ze maachen. Dat heescht, datt mer d'Formatioun vum Personnel maachen, datt mer en harmoniséierte System vu Saisine, vu Kollekt, notamment och vun Archivage vu Schnell- a vun Autotester kréien.

Ech freeë mech, wann Der do déi Aart a Weis fonnt hutt, wéi dat ka gemaach ginn. Dat heescht awer och, datt an Zukunft all Lëtzeburger oder all Resident op dem Territoire zwee gratis Tester par semaine zur Verfügung gestallt kritt. Dat heescht, datt den Teste rapide och gemaach gëtt an der Entrée vun de Spideeler, an de Struktüre fir eeler Leit. An dat heescht, datt eng ganz Strategie iwwert déi sanitär Hygiène an d'Utilisatioun vun deenen Tester an den Domäne vum Sport, vun der Kultur, vum soziale Liewen, vum professionnelle Liewen, an och organiséiert an all deenen Domänen, an Zukunft gemaach gëtt.

Ech si ganz frou driwwer, datt dat elo alles kënnt, an ech soen dem Staatsminister dofir Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wiseler. Gëtt et eng weider Wuertmeldung zu dëser Motioun? Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här President. An där Motioun hei, déi d'CSV erabruecht huet, do stinn eng Rei Saachen dran, déi een eiser Meinung no hei net kann esou unhuelen, zum Beispill de leschte Konzept, wou „intelligent“ gefrot gëtt: „élaborer des concepts intelligents“, wat jo u sech ënnerstellt, dass d'Regierung géif Konzepter elaboréieren, déi net intelligent wäer bis elo.

(**Brouhaha**)

Dat ass falsch! Do si mer net der Meinung, dass een dat hei soll ënnerstëtzen. Mir halen eis un dat, wat de Premier virdru gesot huet.

(**Brouhaha et coups de cloche par la présidence**)

Déi Motioun hei ass u sech, wat d'Basis ugeet, superfetatoire, well scho ganz vill Tester méi bestallt goufen, wéi d'CSV dat hei iwwerhaupt och mengt, well scho vill méi wäit gaange ginn ass an där gan-



zer Prozedur an déi Prozedur och leeft. An duerfir brauche mer déi heite Motioun net ze stëmmen.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel.

Et ass weider keng Wuertmeldung méi do, da kënnen mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 25 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

10. 7794 - Projet de loi portant modification de la loi du 22 janvier 2021 portant :

1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ;

2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail

Mir kéimen dann elo zum zweete Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut an dat ass de Projet de loi 7794 iwwert de Congé pour raisons familiales. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech maachen lech hei de mëndleche Rapport vum Projet de loi 7794. Et geet ëm de Congé pour raisons familiales - deen hate mer schonn e puermol hei - an déi temporär Derogatiounen, déi duerch d'Gesetz vum 22. Januar 2021 geholl gi sinn, fir den Elteren d'Recht op de Congé pour raisons familiales ze erméigleche während dëser Pandemie, wann d'Kand ufälleg fir Covid-19 ass oder wann d'Kand aus zwéngende Grënn doheem muss bleiwen. Dat Gesetz, dat ass ab dem 3. Abrëll net méi a Kraaft. Well mer elo awer en neit stëmmen, kréien d'Leit déi Méiglechkeet erëm.

De Gesetzesprojet 7794, dee verlängert nämlech déi temporär Derogatiounen. Mir sinn nach net duerch d'Kris. A wann een déi kierzlech Entwécklung vun der Pandemie kuckt, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee an Europa, da kann een och net ausschléissen, dass d'Regierung awer eng Kéier erëm verpflichtet wär, d'Decisioun ze huelen, d'Schoulen deelweis oder komplett zouzemaachen. An eisen Nopeschlänner, zum Beispill an der Belsch, ass dat jo de Fall am Moment.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Mir kënnen haut net dovun ausgoen, dass mer bis zum Enn vum Schouljoer net awer nach eng Kéier an enger änlecher Situatioun kënnen sinn, och wa mer hoffen, dass dat net de Fall wäert sinn.

Duerfir ass et besser, elo schonns prett ze sinn, wësend, wat fir eng Konsequenzen déi aktuell Situatioun fir d'Eltere vu vulnerabele Kanner kann hunn oder wéi eng Konsequenze fir d'Eltere vu Kanner ënner 13 Joer entstoe kënnen, wann d'Schoulen an d'Betreiungsstrukture mussen zoumaachen.

Dee Projet, dee gëtt dann hei eng Verlängerung bis e Samschden, de 17. Juli 2021 inclus. Dee prezisen Datum, deen ass gewielt an dee bleift (veuillez lire: deen ass gewielt, fir dass de System a Kraaft bleift) net nëmme bis zum Enn vum aktuelle Schouljoer hei zu Lëtzebuerg, mee e geet och iwwert den Ufank vun der Sommervakanz an eisen Nopeschlänner, well am Saarland an a Rheinland-Pfalz, do fänkt d'Vakanz den 19. Juli 2021 un, an der Meurthe-et-Moselle de 6. Juli an an der Belsch den 1. Juli, soudass mer se do alleguerte mat am Boot hunn.

De Projet, dee gouf den 23. Mäerz deposéiert. Dat ass nach net laang hier. Et ass erëm eng Kéier séier geschafft ginn. An dat ass och gutt esou, besonnesch wann een d'Situatioun an eisen Nopeschlänner kuckt, wou nees déi nei restriktiv Moossnamen agefouert goufen.

De Staatsrot huet en Avis favorable ginn an de Rapport ass an der Aarbechtskommissioun de 25. Mäerz virgestallt ginn an et goufen och keng Avice (veuillez lire: et goufen zu deem Moment och keng Avice) vun de Chambres professionnelles. De Rapport ass à l'unanimité an der Kommissioun ugeholl ginn.

An ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP. Net awer wëll ech hei oftrieden, ouni den Oppositionsparteien dann awer Merci ze soen. Ech hat a menger Ried virdru beim Covid gesot, si géifen d'Terrassen net matstëmmen. Ech si frou, dass se dat matgestëmmt hunn. Dat ass tipptopp esou! Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och dem Georges Engel.

Den éischten agedroene Riedner ass den Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Merci, Här President. Och merci dem Rapporteur fir déi Erklärungen. Et ass effektiv elo schonn déi véiert Verlängerung, wann ech mech net verzielt hunn, an ech hoffen, dass et déi lescht ass, dass mer fir de September keng méi brauchen ze stëmmen, dass mer, wann d'Schoul erëm ugeet, bis dohinner de Problem mam Covid mat all deene Vaccinen, déi d'Regierung jo bestallt huet ..., dass mer bis dohinner all Mënsch vaccinéiert hunn an dass mer dann net méi an déi Situatioun kommen.

Den Här Engel huet et ënnerstrach: Et ass net nëmmen eppes, wat gëllt fir d'Residentsfamilien, mee et ass och eppes, wat gëllt fir eis Frontalierskolleegen, déi jo och zu der Leeschtung vum Lëtzebuerger Bruttoinlandsprodukt bäidroen. An do ass et nëmme legitim, dass si och kënnen vun där Moossnam profitéieren an dass et mat deem Datum vum 17. Juli méiglech ass, dass si alleguer, eis Nopeschlänner, kënnen dovun profitéieren, bis hir Schoulvakanz ugeet, dass mer do d'Garantie hunn, dass dat alles ka gemaach ginn.

Ech wëll awer ënnersträichen, dass een och muss soen, dass dat hei erëm eng Leeschtung ass, déi d'CNS virfinanzéiert, wou mer awer sécherlech nach eng Kéier wäerten drop zrëckkommen, wa vum Staat hier déi Suen zrëckbezuelt ginn un d'CNS, wat jo schliisslech d'Sue vun Assurée sinn.

Dat gesot, Här President, gëtt d'CSV d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och dem Här Spautz. An direkt duerno huet d'Madamm Carole Hartmann d'Wuert. Madamm Hartmann, wannechgelift.

■ **Mme Carole Hartmann (DP).**- Merci, Här President. Ech géif och dem Rapporteur Merci soe fir säi komplette mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et bleift hei eng exceptionell Mesure, déi een Elterendeel vun de Kanner kann huelen. De Rapporteur hat elo d'Beispill vun der Belsch genannt. Wa mer elo gëschter déi nei Annoncen aus Frankräich héieren hunn, wësse mer och, dass an deenen nächsten dräi Wochen och d'Schoulen a Frankräich zou sinn, soudass mer mat Sécherheet och eng Rei Frontalieren aus Frankräich wäerten hunn, déi op déi heite Mesure wäerten zrëckgräife mussen.

Dowéinst gesäit een, dass et weiderhi wichteg ass, dass mer déi exceptionell Mesure hei en place hunn. An d'DP-Fraktioun gëtt och hir Zoustëmmung heizou. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci. Dann ass den Tour um Här Carlo Back.

■ **M. Carlo Back (déi gréng).**- Merci, Här President. Och vu menger Säit ass merci un de Rapporteur Georges Engel, dee mengen ech alles gesot huet zu deem Projet de loi. Do ass näischt elo dobäizefügen ausser, wéi gesot, dass mer erëm eng Kéier hei op eis Frontalieren, op d'Mataarbechter an eisem Land aus der Grenzregioun wierklech opgepasst hunn an déi och an dëst Gesetz integréiert hunn. Ganz wichteg, mir liewe schliisslech hei an der Groussregioun!

Dann eng Remark, eng Fro/Remark: Mir kréie jo deemnächst - a mir hoffen, dass dës Pandemie am Juli wierklech ënner Kontroll ass an dass mer dëst Gesetz och net méi nach eng Kéier musse verlängeren -, mir kréie jo dann och en Décompte financier presentéiert, sou wéi mer dat och schonns d'lescht Joer gemaach hunn. An do ass et wichteg fir eis Gréng, dass mer géifen eng quantitativ a qualitativ Analys maachen iwwert d'Utilisatioun vum Congé familial.

Ech erënneren drun, dass zu deem Thema schonn eng Question parlementaire gestallt gouf, déi virun allem no der genderspezifischer Benotzung vum Congé familiale gefrot huet a wou mer och Donnéeë kruten. Eise Wunsch wier, dass mer mat där finanzieller Ofrechnung dann awer och vläicht selwer eng Analys géife maachen. Bon, mir ginn eis jo d'Moyenen elo och hei an eiser Chamber, dass mer déi Cellule scientifique kréien, mee et geet awer och vläicht en Appell un d'Ministèren, fir eis do eng qualitativ an eng quantitativ Analys vun der Utilisatioun vun dem Congé familiale ze presentéieren, soudatt mer deen Thema kéinte verdéiwen a kucken, wat fir en Impakt dës Pandemie an eise Familljen huet.

An domat ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci dem Här Back. An dann ass den Tour um Här Wagner.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wousst net, dass ech mech ageschriwwen hätt, mee et ass net schlëmm. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi Rapport a mir wäerte selbstverständlech dee Projet de loi matdroen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci dem Här Wagner. Ech gi selbstverständlech och dem Här Engelen d'Wuert, och wann en net ageschriwwen war.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Dir waart jo esou léif, dat séier ze maachen. Ech géif dem Här Georges Engel en häerzleche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Et geet hei ëm d'Verlängerung vun dem Congé pour raisons familiales bis de Juli dëst Joer. Ech mengen, dat ass eng gutt Saach am Interesse vun där Geschicht, déi mer elo hunn am Covid.

Ech sinn och net ëmmer mam Här Georges Engel averstanen, mee dës Kéier sinn ech mat em averstanen. An duerfir géif ech d'Zoustëmmung vun der ADR bréngen zu dësem Gesetz. Ech soen lech Merci.

■ **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.**- Merci och dem Här Engelen. An dann ass et um Här Sven Clement.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här - elo erëm - Vizepräsident. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut stëmmt d'Chamber also iwwert d'Verlängerung vum Congé pour raisons familiales bis Juli of.

Mir Piraten fannen et gutt, dass dëst Gesetz iwwert de Congé pour raisons familiales Récksiicht op den Ufank vun de Schoulvakazen och an der Grenzregioun hält. Dat muss ganz kloer sinn, fir esou Diskriminatiounen tëscht Residenten a Frontalieren ze verhënneren. Mee dat Gesetz hei ass nach ëmmer ze kuerz gegräff.

Scho beim Vott vum leschte Gesetz am Januar hu mir Piraten en Appell gemaach, fir dëst Gesetz méi laang lafen ze loossen. Mir krute gesot: „Et ass net néideg, mir kënnen et jo bei Bedarf erëm verlängeren!“ Bon, bref: Mir si beim Bedarf a mir verlängeren et alt erëm.

Elo soll d'Gesetz also da bis d'Sommervakanz lafen. An och wann ech wierklech - an ech betounen et: wierklech! - hoffen, dass mer am September, wann d'Schoulen erëm uginn, net méi mussen op esou Gesetzzer zrëckgräifen, sou denken ech nach ëmmer, dass e Gesetz bis den 31. Dezember eis a virun allem den Eltere méi Planungssécherheet ginn hätt.

Wéi schonn am Januar gesot, kéint een dëst Gesetz duerch déi passend Indicateuren, wéini et gëllt a wéini net, och méi laang lafe loossen. D'Gesetz hätt eis kënnen Flexibilitéit ginn, wa mer se dann drageschriwwen hätten, an d'Chamber misst haut net nach eemol iwwert de Congé pour raisons familiales ofstëmmen.

Mir haten all gehofft, dass et bis Abrëll géif besser ausgesinn, wat d'Infektiouns- a virun allem d'Doudeszuelen ugeet. Duerfir hate Verschiedener gemengt, den 2. Abrëll géif duergoen. Mee leider hu mer eis esou als Chamber alt nees vum Virus iwwerrasche gelooss an net virausschauend geplangt. Dat dierft no engem Joer Pandemie dach net méi sinn!

Här President, d'Eltere brauchen dëst Gesetz! Si musse kënnen doheembleiwen, wann d'Kanner net

an d'Schoul oder an eng Kannerbetreierung kënnen. Duerfir wäerte mer dëst Gesetz och matstëmmen. Mee ech wëll hei nach eemol betounen, dass dat heiten nees en Noutplooschtergesetz ass, dat alt erëm nëmme fir kuerz Zäit gëllt an d'Elteren erëm virun d'Fro stellt: „A wat ass duerno? Wat ass no der grousser Vakanz?“

Mir géifen eis wënschen, dass d'Chamber an Zukunft erëm méi Gesetzzer stëmmt, déi méi laang Lafzäiten hunn, wa mer endlech ufänken, dem Virus virzepräifen, amplaz em ëmmer hannendrolafen ze mussen. Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier- an Aarbechtsminister Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll vläicht ufänke mat engem Merci och un de Rapporteur, dee, mengen ech, hei och eng exzellent Aarbecht geleescht huet am Sënn vun der ganzer Kommissioun.

Mir waren eis eeneg, dass dat heiten e Gesetz ass, dat wichteg ass, vun extremer Wichtigkeet souguer, fir d'Kannerbetreierung hei zu Lëtzebuerg ze garantéieren, am Fall wou Crèche an Schoule géifen zoumaachen. An esou, wéi et jo elo schonn e puermol gesot ginn ass, hu mer net nëmmen un eis geduecht, mee och un déi Leit, déi an eisem Land schaffen an hëllefen, eis Économie ze droen.

Ech wëll et ganz kuerz maachen, well mer, mengen ech, nach e relativ ausgedeente Programm hannendrun hunn. Ech wëll, well hei ganz vill Vergläicher gezu gi sinn an deene Stonnen, déi mer elo schonn hei verbruecht hunn, mam Ausland, wou mer anscheinend, wéi eemol ugedeit ginn ass, vis-à-vis vum Ausland ganz schlecht dostinn, just eng Kéier an Erënnerung bréngen, dass zumindest an deem heite Punkt kee vun der Oppositioun de Courage hat fir ze soen, mir géifen hei eis Aufgaben net iwwerhuelen. Ech mengen, dass mer mat deem, wat mer an der Politik vum Congé pour raisons familiales maachen, wäit a breet kee Land fannen, dat esou favorabel Léisungen am Sënn vun de Famillje fonnt huet.

Duerfir soen ech lech alleguerte Merci, well ech och dovunner ausginn, dass mer dat heite kënnen a grousser Eestëmmegkeet ofstëmmen. Merci villmools.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7794. Den Text steet am Document parlementaire 7794².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7794 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)